

Minister vun der Santé. Dir wësst och, dass all Dag all Région hospitalière am Land ee Spidol huet, dat Garde huet an dass och am Fall vun esou enger Katastroph selbstverständlech de Minister kann aner Spideeler réquisitionnéieren. Dat heescht, déi Saache si virgesinn. Ech wëll un e Gesetz erënneren, well et schonn e ganzt aalt Gesetz ass, eent vum 25. Mäerz 1963, dat dem Minister vun der Santé erlaabt fir ze handeln, wann e radioaktiv Accident wär. Am Fall vu Radiations ionosantes kann de Minister vun der Santé all Mesuren huelen, déi sech imposéieren.

Ech wëllt finalement drop hiweisen, dass mer nom 11. September dee sougenannte Conseil de Sécurité etabliert hunn, wou selbstverständlech och de Ministère vun der Santé dra représentiert ass, wou all d'Ministèren, déi am Fall vun enger gréisserer Katastroph missten intervenéieren, dra sinn. Do si Reflexiounen gemaach ginn, déi an déi Richtung ginn, wéi den Här Colombero dat undeit. Dir verstitt, dass ech hei net wëll an d'Detailer goen. Dat wär net gutt. D'Présidentschaft vun deem Conseil gëtt assuréiert vum Här Frieden.

Wat de Plan hospitalier ubelaangt, wëll ech soen, dass ech net wëlles hunn de Plan hospitalier ze änneren, well et sous-entendu ass, dass am Fall vun enger Katastroph aner Better kënne fräigestallt ginn iwwert de Wee vun der Réquisition.

Ech soen lech merci.

M. le Président. - Domat ass d'Fröestonn ofgeschloss a mir kommen zur Diskussioun vum Projet de loi 4418 iwwert d'Services de santé au travail. D'Wuert huet de Rapporteur vum Projet de loi, den honorablen Här Marco Schroell.

5. Projet de loi 4418 modifiant

- a) la loi du 17 juin 1994 concernant les services de santé au travail,
- b) la loi modifiée du 20 mai 1988 concernant la protection des travailleurs contre les risques liés à une exposition à des agents chimiques, physiques et biologiques pendant le travail,
- c) la loi modifiée du 24 mai 1989 sur le contrat de travail

Rapport de la Commission de la Santé et de la Sécurité sociale

M. Marco Schroell (DP), rapporteur. - Här President, Dir Dammen an Dir Hären, mat der Evacuatioun vun deem Projet de loi schléisst d'Chamber d'Aarbechten of vun enger Modifikatioun vum Gesetz vum 17. Juni 1994 iwwert d'Services de santé au travail. Déposéiert

gi war den ursprüngeleche Gesetzesprojet vum deemolege Gesondheitsminister den 10. Mäerz 1998. D'parlamentaresch Aarbechten hunn dunn an der neier Legislatur den 10. November '99 ugefaangen, wou d'Santéskommissioun mech als Rapporteur genannt huet. An engem richtegen Aarbechtsmarathon, wou d'Kommissioun zwou Serië vun Amendementer ugeholl huet, ass dëse Projet de loi während néng Kommissiounssätzunge finaliséiert ginn.

Ech wëll haut weder op d'Virgeschicht, nach op all Detail vun deem Gesetzestext agoen, déi jo an de parlamentareschen Dokumenter nozeliese sinn. Ech wëll mech op déi Haaptpunkte konzentréieren, an deenen d'Gesetz vum 17. Juni '94 adaptéiert gëtt. Et geet hei drëm e Gesetz ze moderniséieren a seng Applikatioun ze erliichteren, dëst op Basis vun den Expériences vun deene leschte siwe Joer.

Uganks ass ze soen, datt d'Gesetz vum 17. Juni '94 iwwert d'Services de santé au travail sech nëmmen op de Privatsecteur applizéiert. Weder d'Stats-, nach d'Gemeengebeamte ginn de Moment vun engem Aarbechtsmedizinner op hir Aptitude, respektiv Inaptitude, ënnersicht. D'Chamberskommissioun an d'Regierung si sech deem Émstand bewosst an d'Madame Minister vun der Fonction publique huet op eng schrëftlech Ufro geäntwert, datt de Contrôle médical an der Fonction publique deemnächst agefouert gëtt, an zwar am Kader vun der Réforme globale vum Statut vun der Fonction publique.

Här President, ech wëll lech elo déi wichtegst Modifikatiounen résuméieren, déi mat deem legislative Projet am Gesetz vum 17. Juni '94 virgeholl ginn.

Dat wieren éischstens d'Modalitéite vum Examen d'embauche. Deen alen Text gesäit vir, datt jiddfereen, deen en neien Aarbechtsposten unhëlt, sech engem Contrôle médical am Virfeld ënnerzéie muss. Deen neien Text proposéiert, datt nëmmen déi Aarbechter, déi ee Poste à risques occupéieren, sech deem Contrôle médical préalable ënnerzéie müssen.

All déi aner musse sech innerhalb vun zwee Méint dem Aarbechtsdokter presentéieren. Dës nei Regelung dréit dem Aarbechtspowand vun de Services de santé au travail Rechnung an erlaabt eng méi flexibel Organisatioun vun den Examens médicaux. Effektiv ass d'Santéskommissioun vun der IGSS informéiert ginn, datt bis elo iwwer 60% vun de Salarieën net virum Untrëtt vun hirer neier Aarbecht vum Aarbechtsmedizinner kontrolléiert konnte ginn.

Den Délai vun zwee Méint erlaabt eng flexibel Ausleeung vun de gesetzlechen Dispositiounen, déi den Employeuren op där enger Säit, an de Services de santé au travail op där anerer Säit erlaabt, fir och an de Périodes saisonnières de forte embauche kënnen déi Leit ze recrutéieren, déi gebraucht ginn.

Dës Modifikatioun vum Gesetz eliminéiert eng potentiell Brems vum Aarbechtsmaart. Si féiert och keng Précarisatioun vun der Situatioun vum Salarié an. Esou huet de Conseil d'Etat kloer concluéiert, datt d'Droits sociaux vum Ugestallten, notament d'Allocation de chômage, erhale bleiwen am Fall vun engem Examen médical négatif, wou d'Condition résolutoire vum neien Aarbechtsverhältnis applizéiert misst ginn.

Dës Zweek-Méint-Klausel schléisst och déi temporär Beschäftegt, wéi zum Beispill e Vakanzenjob vun de Studenten, vun der Obligatioun vun engem Examen d'embauche aus, mat der Ausnahm allerdéngs, wann déi Betraffe fir e Poste à risques recrutéiert sollte ginn.

Eng zweet wichteg Modifikatioun vum Gesetz vu '94 betrëfft d'Definitioun vun de Postes à risques. An dëser Definitioun huet all Wuert säi Gewiicht, well all Travailleur, deen op esou ee Posten affektéiert gëtt, sech engem Examen médical préalable stellen a sech spéider periodeschen Ënnersuchungen ënnerzëie muss.

An der Kommissioun ware mir der Meenung, datt expressis verbis d'Sécherheet an d'Gesondheet vun de Mataarbechter an déi vun Drëttpersonen an d'Definitioun integréiert musse ginn. Effektiv, wann ech d'Beispill vum Buschauffeur huelen, da gëtt et daitlech, datt net eleng d'Sécuritéit an d'Gesondheet vum Chauffeur eleng considéiert muss ginn, mä datt d'Verantwortung, déi de Chauffeur fir seng Passagéier dréit, ebenfalls mat berücksichtegt muss ginn.

An dësem Sënn hu mir an der Chamberskommissioun drop gehalen, fir am Gesetz festzehalen, datt ee Poste à risques och ka sinn, ech zitieren: "une occupation susceptible de mettre gravement en danger la sécurité et la santé d'autres travailleurs ou de tiers".

Eng weider Remarque zu dësem Punkt betrëfft de Grond, firwat datt d'Kommissioun decidéiert huet, d'Definitioun vun de Postes à risques am Gesetz anzeschreiwen an net op de Wee gaang ass, fir an engem Règlement grand-ducal eng vill méi exhaustiv Definitioun ze ginn, respektiv eng Opzielung ze maachen. Esou si mir der Meenung gewiescht, datt eng Definitioun, déi an enger méi larger Formulatioun déi grouss Risiken opféiert, dem chargéierten Aarbechtsmedizinner eng gewësse Marge d'évaluation opléisst, fir während dem medizinneschen Examen, am Gespréich mam betraffene Salarié an um Terrain selwer all Risquen anzeschätzen, déi op esou engem Posten entstoe kënnen. An dësem Sënn gëtt dann och am Gesetz festgehalen, datt an den Entreprises vum Employeur een Inventaire vun de Postes à risques zesumme mam Aarbechtsmedizinner opgestallt muss ginn.

En drëtte Punkt bezitt sech op den administrativen Opwand vun de Services de santé. Den aktuelle Rapport d'activité ass déi Pièce justificative, ob a wéi déi Services

de santé au travail hire Missiounen an hirer Aarbecht am ofgelafene Joer nokomm sinn. Haut ass am Gesetz virgesinn, datt all Rapport d'activité bis spëtstens den 1. Mäerz an der Division de la santé au travail am Gesondheitsministère muss agereecht ginn.

Et ass nun awer leider esou gewiescht, datt insbesonneh déi grouss Services interentreprises dësem administrativen Aarbechtsopwand net termingerecht nokomme konnten an hir Rapporte mat grousssem Retard agereecht hunn. Esou muss elo mam neie Gesetz nëmme méi all Joer ee Rapport d'activité erstallt gi vun deenen Entreprises, déi méi wéi 150 Leit beschäftegen, während déi méi kleng Firmaen nëmme méi all dräi Joer een Aktivitéitsbericht opstelle mussen.

E véierte Punkt bezitt sech op de Service National de Santé au Travail. Wéi de Législateur 1994 de Service National de Santé au Travail instituéiert huet, war d'Intentioun deenen Entreprises, déi ze kleng ware fir een eegestännege Service ze créieren an déi sech net an engem Service interentreprises regroupéiert hunn, ee "Service subsidiaire" zur Verfügung ze stellen.

Eng ongewollte Konsequenz vun der Denominatioun als "Service national" war leider déi, datt vu ville Säiten et zu enger Missinterpretatioun koum an de Service National mat engem staatleche Service confondéiert ginn ass. Esou ass vu ville Säite gemengt ginn, datt d'Medizinner vum Service National de Santé au Travail mat staatleche Medizinner gläichzestelle wäeren, mat deementspriedend deene legalen a coercitive Kompetenzen, déi si awer net haten. Dëst ass och de Grond firwat d'Denominatioun vum Service am modifizéierten Artikel 6 vum Gesetz elo an "Service de Santé au Travail multisectoriel" ëmgeännert gëtt.

Ebenfalls an dësem Artikel gëtt de Statut vum Personal vum Service multisectoriel fixéiert. Am ale Gesetz war dëse Statut assimiléiert mat deem vun den Employés de l'Etat. Den entspreche Règlement grand-ducal, deen déi néideg Detailler an Ausféierungsbestëmmunge regele sollt, ass awer an der Folleg ni geholl ginn.

Des Weideren ass dëse Statut public oder semi-public vum Comité directeur vum Service National a vun de Patronatsberufskummere contestéiert ginn. Dëst well si, berechteterweis, net agesinn hu firwat ee Service, dee vu Kotisatioun vum Privatpatronat finanzéiert gëtt, ee Personal sollt hunn, dat een öffentleche Statut huet. Ausserdeem huet dat aktuell Personal vum Service National privatrechtlech Aarbechtskontrakter ënnerschriwwen a si kotiséieren haut entsprechend och an d'Krankekeess vun de Privatbeamten.

Am Artikel 2 vum Projet de loi ginn lwwerganksbestëmmunge fir dat Personal festgeschriwwen, dat zur Zäit ënnert dem Statut vum Employé de l'Etat agestallt ass. Déi betraffe Persounen kréien de Libre choix hiren aktuelle Statut ze behalen oder fir de Statut vum

Privatbeamten ze optéieren. Dëst ass wichteg virun allem a pensiounstechnesche Froen.

Här President, e virleschte Punkt, deen ech erwähne wëllt, betrëfft d'Personal vun de sougenannte Brëfkeschtesfirmaen. Urspringlech war virgesinn, datt déi Beschäftegt vu Lëtzebuurger Entreprises, déi hir Aktivitéiten ausschliesslech am Ausland hunn, net missten onbedéngt vun engem Aarbechtsmedizinner zu Lëtzebuerg examinéiert ginn, mä och vun engem agréierten auslänneschen Dokter virun Uert.

No enger berechtigter Interventioun vum Wirtschafts- an Transportminister huet d'Kommissioun dunn awer festgehalten, datt d'Gesetz sech och applizéiert op déi Travailleurs d'entreprises de droit luxembourgeois, deenen hir Aarbechtsplaz exklusiv am Ausland ass. Effektiv wier déi urspringlech Dispositioun enger Facilitéit gläichkomm, déi et de sougenannte Brëfkeschtesfirmaen nach méi erliichtert hätt, fir sech zu Lëtzebuerg ze constituéieren.

Dës Dispositioun wier kontraproduktiv gewiescht mat den Ustrengunge vun der Regierung fir ze ënnerbannen, datt esou "boîtes à lettres" Lëtzebuerg als hire Siège social wielen, fir hei vun eiser méi gënschter sozialer Gesetzgebung ze profitéieren, während hiert eigentlecht Aktivitéitsfeld ausschliesslech am Ausland ass. Déi laangfristeg, negativ Konsequenzen op eis Pensiouns- a Krankekesewiesë brauch ech lech jo net ze beschreiwen.

E lescht Wuert nach fir déi Leit, déi fir eng ONG an engem Land aus der Drëtter Welt schaffen an dowéinst schonns eleng aus praktesche Grënn et schwéier hunn, fir sech zu Lëtzebuerg engem Examen médical ze ënnerzéien. Dowéinst gëtt explicitement am Artikel 20 eng Dispositioun agefouert, déi et dem Gesondheitsminister erlaabt, fir een auslänneschen Dokter ze agréieren, dee virun Uert d'Personal vun enger ONG ënnersiche kann.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech hoffen, datt et mer gelongen ass, lech an e puer Sätz dës komplizéiert Matière méi no ze bréngen. Aus den Erläuterungen ass et ersichtlech ginn, datt mat dësem Text d'Gesetz vum 17. Juni '94 de Gegebenheete vun haut ugepasst gëtt, dëst op d'Erfahrung aus de vergaangene siwe Joer. Ofschléissend wëll ech dann, am Numm vun der Kommissioun vun der Gesondheet an der Sécurité sociale, der Chamber recommandéieren, dëse Projet de loi ze adoptéieren.

Ech soen lech merci.

M. le Président. - Als éischte Riedner ass den Här Jean-Marie Halsdorf agedroen. Den Här Halsdorf huet d'Wuert.

M. le Président. - Als éischte Riedner ass den Här Jean-Marie Halsdorf agedroen. Den Här Halsdorf huet d'Wuert.

Discussion générale

M. Jean-Marie Halsdorf (CSV). - Här President, Dir Dammen an Dir Hären, erlaabt mer vläicht, am Kader vun dësem Projet de loi 4418, dee bescheidene Verglach, dass mer mat dësem Gesetzesprojet e gewëssene Parallelismus zu der Fleegeversécherung, déi mer hei am Joer 1998 verabschiedet hunn, zéie kënnen.

D'Fleegeversécherung muss ee kloer am Geescht vun deenen dräi Basisgesetzter gesinn, wou mer jo och dëser Deeg den 100. Anniversaire vun der ALOSS gefeiert hunn - d'Association luxembourgeoise des organismes de sécurité sociale -, wat op e Gesetz vum 31. Juli 1901 zréck geet, wou d'Krankeversécherung hei zu Lëtzebuerg ageféiert ginn ass. En anert Gesetz, dat een zesumme mat dësem muss gesinn, ass d'Gesetz vum 5. Abrëll 1902, wat d'Onfallversécherung hei zu Lëtzebuerg ageféiert huet, an d'Gesetz vum 6. Mee 1911, wat och d'Pensiounsversécherung hei zu Lëtzebuerg ageféiert huet.

Dës dräi Gesetzter hu sech am leschte Jorhonnert iwwer Jorzéngte bewäert, an d'Fleegeversécherung war am Fong geholl hei och geduecht fir eng Prise en charge vun alle Leit ze huelen, déi e Besoin am Beräich vun der Sécurité sociale hätten, an dat am kurative Beräich.

Hei bewege mer eis éischer am preventive Beräich an hei - muss een och soen - ass d'Geschicht net esou al, well et kann een hei soen, dass dës preventiv Medezin am Fong geholl eréischt am Joer 1948 institutionaliséiert gouf, nom éischte Weltkrich, an dat besonnesch an der Sidérurgie, an doriwwer eraus hu sech dann all déi aner ekonomesch Secteuren do ugeschloss.

De preventive Beräich ass och sécherlech net esou wichteg wat de Käschtepunkt ugeet, well et muss ee sech emol virstellen, dass, wann ee vu Sécurité sociale schwätzt, een dann an eisem Versécherungssystem vun engem Chiffer vun 134 Milliarde schwätzt, an dat am Joer 2000, zum Beispill wat dës Montant ugeet. Dat representéiert an där Zäit 18,4% vun eisem PIB, a wann de Stat och nëmme 66,4 Milliarden am Joer 2000 hei investéiert huet, hunn dat trotzdem deemools 38,6% vun eisem Budget uitgemaach, wat also gewaltig Chiffere sinn.

An och hei schwätze mer - wann ech do engem Communiqué de presse vum Ministère du Travail ka gleewen, deen op der Hierschtfoire 2000 iwwert d'Accidents de travail publizéiert ginn ass, an déi schéngen dann och d'Accidents de trajet, déi Accidenter, déi op de Stroosse geschéien, mat anzeschléissen - vun enger Zomm vun 23,3 Milliarden, déi hei am Spill sinn. Dat sinn also keng kleng Zommen, an dat mécht och 2,5% vun eisem PIB aus.

Et sinn also gewaltig Zommen, déi sech am Beräich vun der Sécurité sociale gëiere loosse an dofir sinn d'Gesetzter alleguerten an dësem Beräich ganz wichteg.

An d'Regierungen hunn dat och erkannt; si hunn hir Effort koordinéiert an esou ass och d'Inspection du Travail et des Mines entstanden, déi jo d'Aarbechtskonditiounen an de Schutz vun den Aarbechten am Ausübe vum Beruff festleeën. D'Direction de la Santé am Ministère de la Santé ass also iwwert d'Division de la Médecine préventive et sociale entstanden, déi d'Kompetenze vun de Froe vum Verhënnere vu Krankheeten an Handicape festleeën. An och déi médico-sozial Iwwerwaachung an dësem Beräich gëtt iwwert d'Direction de la Santé, Division de la Médecine préventive et sociale ofgewéckelt.

Iwwert d'Jorzéngte sinn awer och aner Gesetzer entstanden, déi ech mer gäre géif erlazen hei ze ernimmen: D'Gesetz vum 10. Februar 1958 portant approbation de la convention n° 81 concernant l'Inspection du Travail dans l'industrie du commerce adoptée par la Conférence internationale du Travail en juillet 1947, ee wichtegt Gesetz. Oder d'Kommodo-Inkommodo-Gesetzgebung, déi jo 1979 fir d'éischt hei an der Chamber diskutéiert ginn ass an déi 1995 - mengen ech - hei an der Chamber verbessert ginn ass. D'Gesetz vum 1988 iwwert d'Protection des travailleurs contre les risques liés à une exposition à des agents chimiques, physiques et biologiques, dat ass och eng Loi modifiée.

Dir gesitt also, mir hu vill Gesetzer, déi dëse Beräich ofschléissen, a wou dat heite Gesetz vum 1994 - wat mer haut hei diskutéieren - am Fong geholl eng Verbesserung ass. D'Gesetz vum 17. Juni 1994 war also e wichtegt Gesetz wat all dës Lächer sollt schléissen a wat all Aarbechte sollt aschléissen.

Dat ass och gutt gelonge mat deem Gesetz, mä d'Zäiten hu sech geännert an d'Konditiounen fir d'Aarbechter sinn och net méi einfach ginn. D'Aarbechtskonditiounen si ganz oft duerch Kaméidi, an duerch Loftverschmutzung am Fong geholl nach méi komplex ginn, an et wär wichteg, dass een d'Médecine professionnelle organiséiert, ebe well se e groussen ekonomesche Réckschlag huet. An do sinn déi eenzel Partner, d'Assurancen, d'Arbeitnehmer an d'Economie nationale gefuerdert.

Et muss een och feststellen, wann een zrëckkuckt, dass an deene leschte Jore besonnesch d'Accidents de travail proprement dits zrëckgaange sinn. 1983 hate mer nach 90,8% an 1999 hate mer just nach 78,2% laut engem interne Rapport aus dem Joer 2000. Wann een d'Aarbechtsweeaccidenter kuckt, stellt ee fest, dass déi vun 8,5% am Joer 1983 op 21,4% erop gaange sinn, wat vläicht drop zrëckzeféieren ass, dass mer vill méi Grenzgänger hunn, déi hei op Lëtzebuerg schaffe kommen. Déi sougenannte Maladies professionnelles sinn awer vun 0,7% op 0,4% erof gaangen. Et gesäit een also, wéi d'Entwécklung fir d'Zukunft wäert sinn.

Wann een also hei den ekonomesche Volet huet, sou huet een och aner Voleten, et gëtt d'Méiglechkeet, fir an

dësem Beräich, duerch de Kontakt tësche Medezinner an Aarbechter, e Vertrauensverhältnis opzebauen, sou dass och kënne Pathologien iwwert dëse Biäs entdeckt ginn, déi vläicht anescht net entdeckt goufen, wéi et nach keng esou Institutiounen gouf. An och de Patron profitéiert vun där ganzer Institutioun, well hie kann och do verschidde Rotschlëi kréien, zum Beispill fir d'Aarbechtsplaze besser ze orientéieren, fir eng besser Hygiène an de Betriber ze maachen oder d'Toxikologie besser an de Grëff ze kréien.

Dernieft goufen natierlech vill Campagnen hei am Land an dësem Beräich gemaach, wou mer och haut Erfahrungswärter hunn. Campagnen iwwert d'Moosse vum Kaméidi an zevill eng hell Belichtung op der Aarbechtsplaz oder och e bessert Aménagement vun der Aarbechtsplaz.

Hei hu mer also Erfahrungswärter, grad esou iwwer Formatiounen betreffend Réckebeschwerden, och do gouf ganz vill an de leschte Jorzéngte geschafft an informéiert, sou dass mer e positive Bilan kënne zéien.

Well d'Gesetz vum 1994 war e gutt Gesetz, mä et hat verschidde Lacunen, an déi sollen da mat deem Gesetz, wat mer haut solle verabschieden, verbessert ginn. Et sinn eng 20 Lacunen; ech wëll net op se allegueren agoen, wëll awer kuerz eenzelner e bësse méi exhaustiv kommentéieren.

D'Definitioun oder den Objektiv vum Gesetz ass kloer, dass d'Kommissioun de Wëllen hat, dëst och op Drëtterspersounen auszebauen. Dat mécht d'Saach net méi einfach, mä et schéngt awer logesch, dass een och déi mat abaut, wann een de Leit hir Gesondheet wëllt schützen.

Wat d'Wierkungsfeld ugeet, do gouf et och vill Diskussiounen an et waren och vill Lacunen do. Dunn ass ee schliesslech op de Wee gaangen, fir d'Statsbeamten, d'Gemeengebeamten an déi europäesch Institutiounen mat auszuschléissen, wat och logesch schéngt. Wou et vill Diskussiounen gouf, dat war fir déi Leit, déi am Ausland schaffen. Déi sollten an engem éischten Draft am Fong geholl eng Protektioun vun hirer Gesondheet kréien, déi op d'mannst misst équivalent si mat där an deem Land wou se schaffen. Do huet d'Kommissioun sech awer quiesch geluegt, ëmsou méi hei zu Lëtzebuerg, besonnesch wat d'Transportfirmen ugeet, e relative Bedarf ass. A well vill Froen am Raum stinn, ass hei keng Ouvertür gemaach ginn, an et ass gesot ginn, déi misste sech och de Lëtzebuerger Konditiounen ennerwerfen.

Wou awer eng Ouvertür gemaach ginn ass - wat och gutt ass -, dat ass bei den ONGen an der Drëtter Welt, wou jo eng Agrégatioun vun engem Dokter am Ausland d'Méiglechkeet gëtt, hei dann eben de Käschtpunkt ze drécken an op där anerer Säit dëse Leit déi néideg Garantien ze ginn, wat hir Gesondheet ugeet.

Déi Ouvertür, déi, wat d'Piloten ugeet oder aner Professionneller aus dësem Beräich, sollt gemaach ginn, ass och vun der Kommissioun ofgeschloe ginn - wat och richteg ass -, fir hei eben en Interpretatiounsproblem ze vermeiden. Hei sinn et also just d'Piloten déi kënnen ausgeschloss ginn, déi also net ënnert dëse Gesetzestext falen.

Wat d'Aarbecht ugeet, do war och vill ze änneren, an et ass och vill geännert ginn. D'Stagiaren, d'Léierjongen an d'Léiermeedercher, d'Chômeuren an déi jonk Chômeurë waren am Fong geholl bis dato - wann déi eng Formatioun oder e Stage gemaach hunn - net Partie intégrante vum Gesetz. Déi falen awer elo ënnert d'Gesetz, a just d'Studenten, déi während de Vakanze schaffen, bleiwen nach ausgeschloss. Och wann d'Handwierkerkummer an de Statsrot gemengt hunn, et misst een d'Stagiaren aschléissen, huet d'Chamber awer gemengt, hei misst een dës Leit am Fong geholl am Champ d'application vum Gesetz loossen.

Et ass och geschwat ginn ob eng Opportunitéit do wär, fir e Parallelismus ze maachen tëschent, op där enger Säit, dem Champ d'application vum Gesetz, an, op där anerer Säit, der Affiliatioun vum Aarbechter. Hei ass d'Chamberkommissioun - wéi de Rapporteur et och scho gesot huet - virsichteg virgaangen an huet de Gesetzestext och esou gelooss, wéi e vun der Regierung virlouch.

Wat elo d'Astellung ugeet, do huet dëst Gesetz wierklech eng fundamental nei Approche an do sinn einfach déi gréissten Diskussiounen an der Kommissioun. Wa bis dato den Artikel 15 vum Gesetz vun 1994 disposéiert huet, datt een huet misse virun der Astellung en Examen médical kréien, sou sinn hei dann eben - och wéi de Rapporteur et hei scho gesot huet - aus praktesche Grënn Ouvertüre gemaach ginn, well einfach d'Aarbecht net méi konnt bewältegt ginn. Besonnesch am Transportsecteur, am Travail intérimaire, also an der Interimsaarbecht, an och am Horecaberäich, wou iwwer 50% vun de Leit keen Examen kréien éier se kënnen schaffe goen, do sinn et also Ouvertüre ginn; et ass ganz vill diskutéiert ginn an et ass ee Prinzip festgehale ginn, wann een e Poste à risque huet - dat ass jo och gesot ginn -, dann ënnerläit ee weider där Konditioun, dass ee muss, éier een d'Aarbecht ufänkt, en Examen médical maachen.

Hei hunn also de Pragmatismus an de Realismus am Fong geholl gespillt, an et ass festgehale ginn - an dat huet och vill Diskussiounen mat sech bruecht -, dass, wann e Kontrakt gemaach ginn ass an duerno festgestallt gëtt, dass e Gesondheetsproblem do ass, dann dëse Kontrakt kéint geléist ginn.

Hei ass iwwert den Artikel 1183, Alinéa 1 vum Code civil vill diskutéiert ginn, mä et ass gemengt ginn, well et Contrats successifs sinn, géifen d'Rechter vun deem Eenzelne gewahrt bleiwen. Dee Mann kritt also do kee

Vide juridique, wann hie seng Aarbecht duerno verléiert. Hie behält ganz kloer säi Chômage, a säi Kontrakt gëtt awer considéiert; et entsteet also keng Interruptioun vu sengem Kontrakt.

Et muss ee soen, dass een an dësem Dossier hätt kënnen déi eng oder déi aner Säit wielen. D'Kommissioun huet sech op zwee Méint festgeluegt, nodeem se an enger éischter Approche wollt festleeën, dass ee sollt déi éischt Embauche konditionéieren, an zwar esou, dass ee misst do virdrun en Examen maachen. Dat ass awer praktesch ganz schwéier ëmzesetzen, well et géif en immensen Aarbechtsopwand ginn an et ass schwéier réalisierbar, well ganz vill Auslänner hei zu Lëtzebuerg schaffen. Duerfir ass sech op zwee Méint festgeluegt ginn.

A wa sech à la demande vun der Kommissioun op zwee Méint festgeluegt ginn ass, da muss een awer hei froen, wéi dat sech an Zukunft auswierkt. An do géif ech de Minister bidden, e sollt do ganz opmierksam sinn an e sollt eis vläicht an zwee oder dräi Joer matdeelen, wéi e Prozentsaz vun de Leit virun der Astellung konnte kontrolléiert ginn a wéi eng net, a wéi e Prozentsaz e Kontrakt kruten, deen no der Astellung huet missen opgeléist ginn.

Dat si Chifferen, déi ganz wichteg sinn, an déi een net einfach am Raum sollt stoe loossen. Mä et sollt ee wierklech ganz opmierksam sinn. Wann ee feststellt, dass déi Initiativ, fir op zwee Méint ze goen, déi néideg Konsequenze mat sech bréngt, da soll een déi och huelen. Ech géif also de Minister bidden, hei opmierksam ze sinn, an och der Chamber vläicht an zwee oder dräi Joer matzedeelen, wéi d'Resultater dovun sinn.

Dat schéngt och fir mech dee wichtigste Punkt ze sinn, well et weess ee wierklech net wéi dës Moosnam gräift, an dat besonnesch net am Secteur vun der Horeca. Do ginn et ganz oft kuerz Aarbechtskontrakter - z.B. Leit, wa se Krankheeten hunn, wann een Tuberkulos huet an an engem Restaurant schafft, an dat kann alles méiglech sinn; d'Probabilitéit ass zwar relativ kleng, mä dat ka ganz problematesch ginn - an dofir sollt een do ganz opmierksam sinn a kucken, dass een do wierklech Transparenz behält an déi néideg Moosnamen hëlt wa se sech imposéieren.

Mir sinn hei op Neiland. Mir sinn an eng nei Richtung gaangen, an et ass net kloer wat do dobäi erauskënnt. Wat sot Der, Här Lux?

M. Lucien Lux (LSAP). - Dir sidd wéi de Girardelli.

M. Mars Di Bartolomeo (LSAP). - Dat wollt den Här Lux soen.

M. Jean-Marie Halsdorf (CSV). - Dir sidd awer net den Här Lux, Dir sidd den Här Di Bartolomeo!

M. Mars Di Bartolomeo (LSAP). - Mä mir sinn am Moment wierklech op enger Wellelängt.

M. Jean-Marie Halsdorf (CSV). - Dir zwee?

M. Mars Di Bartolomeo (LSAP). - Jo.

M. Jean-Marie Halsdorf (CSV).- Da musse mer oppassen, wann dat esou ass; dat ass net esou einfach.

M. Lucien Lux (LSAP).- Et ass nach kee Schnéi do, mä Dir fuert scho gutt Slalom!

(M. Niki Bettendorf prend la Présidence)

M. Jean-Marie Halsdorf (CSV).- Et ass awer kloer - an dofir brauch ee kee Slalom ze fueren, fir dat feststellen - dass d'Studenten, déi während de Vakanze schaffen, also net ënnert d'Gesetz falen, ausser wa se eng Risikoarbecht hunn.

A wat elo nach am Raum steet, a wou et och ganz vill Diskussiounen derzou gouf, dat ass d'Fro: Wat ass e Poste à risque a wat net? An do sinn et och ganz vill Diskussiounen ginn, well do louche fir d'éischt Definitiounen, déi net kloer geschéngt hunn. Schliesslech ass festgehale ginn, dass de Risque muss spezifesch sinn, wat och logesch schéngt, soss hätte mer op eng Kéier lauter Postes à risque. Et muss also e spezifische Risque do sinn an et muss e Risque do sinn, deen am Fong geholl etabléiert ass an deen nuancéiert ass. Hei wäert een och an Zukunft musse kucken, wéi dës Definitoune spillen, wéi ee Spillraum hei bleift, wéi eng Leit ee Poste à risque besetzen a wéi eng net.

Wichtig ass, dass de Projet de loi virgesäit, dass d'Evaluatioun vun de Postes à risque a Collaboratioun mat den Aarbechtsmedezinner gemaach gëtt. Hei sinn déi néideg Erfahrungswärter do, an ech géif och mengen, dass dës Zesummenaarbecht kéint fructueuse sinn an esou mat sech bréngen, dass mer hei eng kloer Situatioun kréien, a wësse wéi eng Aarbechten à risque sinn a wéi eng net, well déi à risque musse jo kontrolléiert ginn éier ee kann ufänke mat schaffen.

Dann ass nach den Aspekt vun där neier Dénominatioun vum Service national de la Santé au Travail a vum Service de la Santé au Travail multisectoriel. Dat ass ze verstoen, well d'Vokatioun vun dësem Gremium anescht ginn ass iwwer Joren. Da war och d'Iddi, fir am Fong geholl Employé-privéen ze maachen, a fir deene Leit, déi elo do sinn, als Employé d'Etat, eventuell d'Méiglechkeet ze loossen, fir dat ze bleiwen.

Dat schéngt och logesch ze sinn, ëmsou méi also Employé-privé-Gelder - wann ech dat esou dierf soen - hei afléissen. Déi Iddi vum Rapport annuel - de Rapporteur huet déi och scho gesot -, fir Betriber vun 150 Aarbechter nëmme méi e jährléche Rapport ze imposéieren, ass logesch, wann ee weess, dass do e Volume vun 1.400 Rapporten ass, an dass déi aner nëmme mussen all dräi Joer zougräifen; dat ass also schonn déi richteg Approche. An och de Prinzip fir d'Indépendance vum Dokter par rapport zum Employeur ze wahren, also zum Arbeitnehmer an zum Arbeitgeber, dat ass ganz wichtig an dat - géif ech mengen - garantéiert och déi néideg Resultater.

Mir wëssen, mir hunn hei eng Aarbechtswelt déi ëmmer méi komplex gëtt; mir wëssen, mir hu verschidden Evolutiounen, déi schwéier virauszegesi sinn; a mir wëssen, dass mir also virsichtig musse sinn, an d'Kommissioun war virsichtig mat dësem Text, an ech géif mengen, den Interesse vum Arbeitnehmer, dee stoung ëmmer am Mëttelpunkt.

Mir brauchen an den nächste Jore statistescht Material fir ze kucken, ob gegebenenfalls muss légiféréiert ginn an dat muss dann direkt geschéien, vläicht net haut a muer, mä awer an e puer Joer an dat am Interesse vum Arbeitnehmer.

Et gëtt ëmmer gesot, d'Gesondheet ass onbezielbar a wann een eng Kéier keng méi huet, da versteet een och wéi wichtig a wéi onbezielbar eng Gesondheet fir een ass.

D'Gesondheet fir d'Allgemengheet ze prevenéieren, dat kascht eppes, mä et kascht ëmmer nach vill manner, wéi wann ee Leit huet déi krank sinn an déi ee muss à charge huelen. Dofir géing ech mengen, dass esou ee Projet de loi wéi deen heiten nëmme kéint d'Zoustëmmung fanne vun de politesche Parteien. Ech kann allzäit hei soen, dass d'Zoustëmmung vun der CSV dësem Projet de loi gewëss ass a bréngen den Accord vu menger Partei.

Villmools merci fir Är Opmiersamkeet.

M. le Président.- D'Wuert huet den Här Lucien Lux.

M. Lucien Lux (LSAP).- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, Kolleeginnen a Kolleegen, ech wëll net méi am Detail op de Rapport agoen, deen de Kolleeg Marco Schroell eis de Mëtteg gemaach huet an dee kuerz, prägnant an excellent op déi wichtegst Neierunge vun dësem Projet agaangen ass. Mat all de Saache ronderëm d'Definitioun vun de Postes à risque du personnel, Froe vun Dénominatioun a Rappore kann een d'accord sinn. Ech wëll mech méi konzentréieren op déi Divergenz, déi mat eiser Fraktioun bleift an déi och dozou féiere wäert, dass mer dësem Projet eis Zoustëmmung net wäerte ginn.

Ech mengen, dass et eng Divergence de taille ass. Mä Virriedner, de Kolleeg Jean-Marie Halsdorf, huet mer a sech e bësse gehollef. En huet mer eng Passe an d'Lach gemaach, géif ee beim Football soen. Gell Dir, Här Loes!

Här Halsdorf lauschtert no, wann ech glift, ech wollt lech zitieren, dass et och wierklech richtig ass. Den Här Halsdorf huet wuertwärtlech gesot, dass dat, wat mer hei maachen an der Fro vun den Examens d'embauche, eng fundamental Neierung ass. E schéngt awer selwer net esou iwwerzeegt ze si mat där Richtung, déi hei ageschloe gëtt. E schéngt virsichtig ze sinn. E seet, e wär frou, wann de Minister eis endéans vun enger relativ kuerzer Period géing soen, wou deen Zuch, dee mer haut nei op d'Gleiser setzen, a Wierklechkeet hifiert.

De Prinzip, mat deem mer net d'accord sinn, ass deen - ech widderhuelen et an engem Saz -, dass mer an dem

initiale Projet vun 1994 d'Dispositioun haten, déi als eng wichteg Conquête vun alle Fraktiounen, ech betoune vun alle Fraktiounen, deemools hei duergestallt ginn ass, wou gesot gouf, mir maachen en Examen préalable à l'embauche. Dat heescht, ier de Salarié op eng Aarbecht geet, kucke mer, dass e virdru vun der Aarbechtsmedezin kontrolléiert gëtt, fir dass mer eng preventiv Gesondheitsvirsuerg och um Niveau vun der Aarbechtsplaz maachen. Dat war d'Conquête vun deemools. Haut gëtt eis gesot, aus pragmatische Grënn misste mer een anere Wee aschloen.

Ech wëll op zwou Saachen agoen, déi de Rapporteur gesot huet, vun deenen ech fundamental net iwwerzeegt sinn. Dat liest een och an den Avië vun de Patronatschamberen, déi soen, dat wär e "frein à l'embauche". Nun hunn ech an deene leschte puer Joer hei an der Chamber schonn esou oft an den Avië vun de Patronatschambere bei anere Gesetzer - Mindestloun an esou weider -, déi mir gestëmmt hunn, gelies, dass et e Frein à l'embauche wär, awer näischt vun all deem huet sech a Wierklechkeet bewisen. Sait 1994 sinn ech iwwerzeegt dervun, dass et keng dräi Aarbechtsplazen hei am Land gëtt, déi net geschafe gi si wéinst dem préalable Examen à l'embauche. Dat ass een Argument, wat e Virwand ass, fir am Prinzip méi eng flexibel Léisung ze kréien. An de leschte Joren hunn ech ni en Argument héieren an ni dobaussen an den Diskussiounen iergendwéi eng Kéier de Beweis kritt fir déi Thes, dass dat, wat mer 1994 décidéiert haten, dozou gefouert hätt, dass Aarbechtsplazen net kreéiert gi wäeren. Well wann ee gesäit, wéivill Dausende vun Aarbechtsplazen an deem Land geschafe gi si bis hin zu deene Rekordhéichten, déi mir haut hunn, da kann dat a Wierklechkeet wuel net de Grond sinn.

Da Kolleeg Schroell, wëll ech och nach soen, wann déi eenzeg Upak, déi mer haut als Argument hunn, fir ze soen, mä wat geschitt da mat engem Salarié, deen op enger Aarbechtsplaz x kënnegt, fir op eng Aarbechtsplaz y ze goen an eréischt e Mount duerno, souguer annerhalwe Mount duerno, säin Examen d'embauche mécht an deen da schlecht ausgeet an deem Mooss, dass e fir déi Aarbechtsplaz net apte ass an doduerch déi Aarbechtsplaz verléiert an dann op der Strooss sëtzt, dann ass et jo awer e schwaachen Trouscht, deen eis de Statsrot do geliiwert huet, an deen haut nach eng Kéier widderholl ginn ass, fir ze soen, mä dann huet deen Här jo nach ëmmer Chômage zegutt.

Ech muss soen, dat ass wierklech sech d'Saach e bësse liicht gemaach, fir ze soen, et ass alles an der Rei, mir brauchen eis keng Gedanken ze maachen, well duerch de Fait, dass mer dat elo haut hei décidéieren, kritt de Mann oder d'Fra Chômage. Domat ass deem awer net vill gehollef an dee wär besser op senger aler Aarbechtsplaz bliwwen wéi op eng nei ze goen, wou en inapte deklaréiert gëtt an dann op der Strooss sëtzt a Chômage soll kréien.

Ech wëll nach eng Kéier widderhuelen, wat mer am Exposé des motifs vum Gesetz vun 1994 stoen haten, wou mer heibanne mat enger ganz grousser Majoritéit, souguer unanime, décidéiert hunn: "A côté de la surveillance des risques, ces mêmes services, services de santé au travail, ont pour but d'effectuer des examens médicaux sur les travailleurs, afin de mieux pouvoir les adapter au travail et de les affecter à des tâches appropriées à leurs conditions physiologiques et psychologiques. Ces examens devront dès lors se faire à l'embauche du travailleur."

De Grond, firwat mer dat gemaach hunn, ass, fir ebe just eng preventiv Politik ze maachen an derfir ze suergen, dass mer net herno Problemer kréien, a wann ech dann awer d'Argumentatioun gesinn, déi gefouert gëtt bei deenen, déi kuerz Kontrakter hunn, do gehéieren zum Beispill d'Intérimairen derzou. Mir hunn nach am Februar vun deem Joer bei enger Interpellatioun iwwert d'Gesondheet op der Aarbechtsplaz festgestallt, alleguer, och de Minister, dass ebe just bei den Intérimairen an der Tëschenzäit déi gréisste Problemer sinn. Wa mer d'Lëscht kucke vun den Aarbechtsaccidenter, gesi mer, dass d'Intérimairen op der zweeter Plaz si vun enger - zwar zweifelhafter - Hitparade. De Bau ass nach ëmmer vir aus deene Grënn, déi mir kennen, déi heiansdo objektiver Natur awer och oft subjektiver Natur sinn. D'Intérimaire sinn op der zweeter Plaz bei der Unzuel vun Aarbechtsaccidenter.

Ech mengen, dat wär just en Argument gewiescht, fir ze soen, dass déi Leit, déi esou kuerz Kontrakter hunn, just déi sinn, deenen hire Risiko en Aarbechtsaccident ze erliewe méi grouss ass an dat net als Argument ze huelen, fir eng Ennerhilleung ze maache vun de Prinzipie vun der Preventioun. Dat wär en Argument gewiescht, fir éischter an déi aner Richtung ze goen an ze soen: Mir musse bei deene Prinzipie vun 1994 bleiwen.

De Kolleeg Halsdorf huet nach eng Kéier e kuerzen Historique gemaach, deen ech mir elo ka spueren. Trotz allem wär et wichteg, an engem Moment wou mer dach awer wichteg Neierungen ze huelen hunn, nach eng Kéier ze kucken, mat wat fir engen Zuele mer konfrontéiert sinn. Ganz kuerz:

- Dass mer am leschte Joer 23.306 Aarbechtsaccidenter haten.
- Dass mer 100 Aarbechtsunfall pro Dag haten.
- Dass mer all 14 Deeg en Doudegen haten.
- Dass mer festgestallt hunn, dass insgesamt 300.000 Aarbechtsdeeg all Joer verluer ginn duerch Aarbechtsaccidenter an dass dat e Coût eleng fir d'Entreprises ass - ech schwätzen net vun der öffentlecher Hand - vu 24 Milliarden.

Wann een da gesäit, dass an der Europäescher Unioun 4,757.600 Milliounen Aarbechtsaccidenter sinn,

verbonne mat engem Arrêt vu méi wéi dräi Deeg - déi vun engem oder zwee Deeg sinn net gezielt ginn -, mat engem Coût vun 800 Milliarde Frang, da muss ech soen, dass et éischter bei dem Bilan, dee mer gezunn hunn, drëm gaange wär, eng Verstärkung ze maache vun den Dispositiounen, wéi dass mer elo higinn an eng Opweechung maache vun de Prinzipien, déi mir 1994 festgehalen hunn.

Da muss een och nach kucken, wat dann een anere Minister derzou gesot huet. Hei si mer mam Gesondheitsminister. Den Aarbechtsminister huet an enger ganzer Rei vun Deklaratiounen gesot, dass et hei ëm e Kräizzuch - dat ass dat Wuert, wat e gebraucht huet - geet. Den Direkter vun der Gewerbeinspektioun huet vun enger Kulturrevolutioun geschwat. Dat heescht, an deem Moment, wou aner Responsabler um Niveau vum Travail a vun der Gewerbeinspektioun vun engem Kräizzuch a vun enger Kulturrevolutioun schwätzen, gi mer an engem aneren Domän hin a ginn déi Prinzipien, déi mir 1994 zesummen opgestallt hunn an déi sech net als falsch erweisen hunn, erëm opweechen.

Ech wëll nach drop opmierksam maachen, dass virun e puer Deeg eng Pressekonferenz vum Aarbechtsminister war, wou déi neisten Etüd vun der Dubliner Fondatioun vun der Gesondheet op der Aarbechtsplaz virgestallt ginn ass a wou och jiddferen dobannen der Meenung war, dass et éischter de Moment wär, fir d'Dispositiounen an d'Instrumenter ze verstärken - mir maachen hei éischter de Géigendeel - an och drop higewise ginn ass, dass déi Ëmfro, déi zu Lëtzebuerg bei 500 Salariéë gemaach ginn ass, gewisen huet, dass besonnesch d'Aarbechtsintensivitéit, déi oft à la source ass vun Aarbechtsaccidenter, ëmmer méi zouhëlt an déi meescht Salariéën e Véierel vun hirem Aarbechtsliwen an engem ze héijen Aarbechtsrythmus schaffen. Ech hunn hei just den Artikel vum "Lëtzebuerger Wort" virleien iwwert déi Pressekonferenz, deen iwwerschrifft ass: "Intensivierung der Arbeit ist enorm gestiegen".

Grad am richtege Moment huele mer déi falsch Décisioun, wéinegstens op dem Gebitt vun dem alen Artikel 15. Ech wëll drop opmierksam machen, dass och de Projet initial, deen am Joer 1998 deponéiert ginn ass, schonn eng Opweechung virgesinn huet, déi mir net fir gutt befonnt hunn, mä et hat eis kee gefrot gehat um Niveau vun de Fraktiounen, wat eis Meenung wär. Mir waren deemools schonn der Meenung, dass et an déi falsch Richtung géif goen a wann ech de Rapport kucke vum Kolleeg Schroell, da seet dee plus ou moins dat hei: Et gëtt eng pragmatesch Approche an et gëtt eng méi rigurös Approche. Et ass dat Wuert, wat a sengem Rapport gebraucht gëtt.

Eis Fro de Mëtteg ass déi: Gëtt et, wann et ëm d'Gesondheet geet vun de Salariéën op der Aarbechtsplaz, eng idealistesche Attitüd op där enger

Säit an op där anerer Säit eng pragmatesch oder gëtt et net a Wierklechkeet eng déi richtig ass an eng déi falsch ass? Mir sinn der Meenung, dass dee Wee, dee mer aginn dee falsche Wee ass an dass dat, wat mer 1994 decidéiert hunn, dat Richteg ass.

Dann dat Argument, wat de Kolleeg Halsdorf hei gesot huet, dee Verglach, deen e gemaach huet mat der Fleegeversécherung. Dat ass wuel en anert Gebitt, mä dat huet mech awer drun erënnert, dass bei der Fleegeversécherung 1998 gesot ginn ass: Dir maacht hei eng Prozedur, déi iwwerlueden ass, déi zevill Personal mat sech zitt, déi zevill schwéierfällig ass. Mä wat mécht haut deen neie Gesondheitsminister? E gëtt sech elo d'Moyenen, déi personell an déi finanziell Moyenen, fir bei der Fleegeversécherung déi Prozedur ëmzesetzen, déi mer alleguer zesumme wollten. Och déi ass hei higestallt ginn als idealistesche, als iwwerdrifft, mä mir sinn haut alleguer, wéi mir viru kuerzem hei diskutéiert hunn an engem Débat d'orientation iwwert de Bilan vun der Fleegeversécherung, der Meenung, dass et richtig ass, an dass ee sech d'Moyene muss ginn. Hei ass et genau d'selwecht. Wa mer der Meenung sinn, dass d'Moyenen net duerginn, fir dat ëmzesetzen, wat 1994 richtig war, dann hätte mer eis sollen d'Moyene ginn, déi finanziell an déi personell, fir dat och a Wierklechkeet ëmzesetzen an dofir ze suergen, dass mer deene Prinzipie géife gerecht ginn.

Wann een der Chambre des Employés privés hiren Avis zu deem Punkt gelies huet, dann huet ee gesinn, dass si, déi jo net derfir bekannt ass, fir an hiren Avië weltfriem Saachen ze soen an Topegkeeten an d'Welt ze setzen, ganz vehement sech géint dës Léisung ausgeschwat a gesot huet, dass déi proposéiert Modifikatioun zu enger Précariséierung féiert, déi a sech net gutt ass an huet och hire manifesten Désaccord gesot, an dass och d'Incertitude fir déi eenzel Salariéën heimat weider aggravéiert gëtt an dat e falsche Wee ass.

Ech brauch net anzegoen op d'Avië vun de Chambres patronales, well déi waren éischter alleguer zefridden. Déi hätten et am léifste gären nach méi opgeweecht gesinn. Mir wëssen, dass déi nach méi Flexibilitéit wollten. Mä et ass ganz klor, dass bei der Chambre des Employés privés, an engem anere Mooss och bei der Chambre du Travail, dach awer gréisser Bedenke waren.

Ech hunn och am Rapport vum Kolleeg Schroell dee Saz definitiv net verstanen, deen am Zesammenhank mat deem Punkt seet, dass bei der pragmatescher Approche, déi elo gewielt ginn ass: "... par ailleurs pour éviter les éventuelles situations de précarité, les travailleurs devraient attendre systématiquement le résultat de l'examen d'aptitude au nouveau poste de travail brigué avant de résilier le contrat de travail auprès de l'ancien employeur".

Domat hunn ech Schwieregkeeten. Wann ech schonn op enger Plaz engagéiert sinn a schonn e Mount do geschafft hunn, da schénge et mer kloer ze sinn, dass ech deen anere Kontrakt résiliéiert hunn. Ech schaffe kaum op zwou Plaze gläichzäiteg, a wann dann no engem Mount oder no zwee Méint mä Resultat heescht, dass ech inapte si fir déi Aarbecht, da si mer bei deem schwachen Troust, dass een dann, wéi de Statsrot gesot huet, op d'Arbeitsamt ka goen a Chômage ufroen.

Merci, wann dat déi eenzeg Echappatoire ass, déi an deem Fall bleift, dann ass dat net ganz vill.

Déi do puer Wieder fir ze erklären - mat all deenen aneren Dispositiounen kënne mer gutt liewen -, firwat dass eis Fraktioun deem Projet haut net wäert seng Zoustëmmung ginn, well mer mat enger Rei vun aneren der Meinung sinn, dass dat hei an déi falsch Richtung geet.

Ech wëllt zum Schluss nach eng Kéier op dat hiweise wat de Kolleg Schroell gesot huet. Mir hunn nach ëmmer d'Fonction publique, déi drop waart - dat hu mer schonn 1994 hei diskutéiert, wéi mer iwwert den initiale Projet geschwat hunn -, dass endlech eppes geschitt. Bei der Interpellatioun, déi mer hei den 8. Februar 2000 haten, huet de Statssekretär gesot, dat wier alles bal esou gutt wéi fäerdeg a mir sollten net ongedëleg sinn.

Och Enn des Joers 2001 waarde mer drop, dass déi 20.000 Salariéë bei der öffentlecher Hand, an de Gemengen a beim Stat, och an de Genoss komme vun deenen Dispositiounen, déi mer hei hunn.

Mä vu que dass een ëmmer kann hoffen, hunn ech awer mat Satisfaktioun an enger vu menge Lieblingszeitungen, dem Journal, e Samschdeg an engem Kommentar, dee geheescht huet "Richt eraus, Sicherheit und Arbeitsplatz", eng ganz Rei vu richtege Saache gelies iwwert d'Aggravatioun vun der Situatioun vun der Gesondheetsvirsuerg op der Aarbechtsplaz an zum Schluss steet dann dat hei: "Wohl wurde in den letzten Jahren zögerlich und gegen etlichen Widerstand die Arbeitsmedezin eingeführt, doch kommen allzu viele Arbeitnehmer beispielsweise nicht in den Genuss einer jährlichen Vorsorgeuntersuchung. Hierzu gehören auch die Staats- und Gemeindebeamten, über 20.000 Leute, die lediglich vor der Einstellung zum Arzt müssen, danach aber nur wenn ein wirkliches Problem auftaucht".

Ech mengen, wann et elo och am Journal steet, dann ass ze hoffen, dass den Tandem Polfer/Schaack dat dann endlech ëmsetzt an eis e Projet de loi deponéiert, wou dann och d'Leit aus der öffentlecher Hand an de Genoss vun deenen heiten Dispositiounen kommen.

Ech soen lech merci.

M. le Président.- Den nächsten Orateur ass den Här Jean Colombero.

M. Jean Colombero (ADR).- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, fir d'éischt soen ech dem Rapporteur Marco Schroell merci fir säi mëndlechen a schrëftleche Rapport. Ech wëllt awer vun dëser Interventioun profitéieren, fir nach e puer zousätzlech Froen iwwert dëse Projet ze stellen.

Wat den Arrêt grand-ducal vum 30. Juli 1928 iwwert d'Extensioun vun der obligatorescher Versécherung géint d'Accidenter op déi professionnell Krankheeten ugeet, steet am Artikel 4: "L'association d'assurance contre les accidents déterminera le mode d'enquête et fera examiner chaque cas de maladie professionnelle par un ou plusieurs médecins de son choix".

(M. Jean Spautz reprend la Présidence)

Am Artikel 5 steet: "Elle peut demander des rapports supplémentaires au médecin traitant, soit à un ou plusieurs médecins-spécialistes au Grand-Duché ou à l'étranger".

Datselwecht steet am Règlement grand-ducal vum 27. März 1986 "portant modification de l'arrêt grand-ducal modifié du 30 juillet 1928", Artikel 1.2.

Meng Fro ass déi hei: Wann de Médecin du travail eng Maladie d'origine professionnelle erkennt, ass säin Avis da bindend oder gëtt do säitens vun der Assurance-accident och wéi an deenen zwee zitéierten Artikelen en Avis bei engem oder méi Lëtzebuerger oder auslännesche Spezialiste geholl?

Här Schroell, ech weess net, ob Der mer dorop kënnt äntworten.

Do misst menger Usicht no am Artikel 17.1 en drëtten Paragraph agefügt ginn, wou dat kloer definéiert gëtt, oder et misst eng Ajoute an de Règlement grand-ducal vum 27. März 1986 stoe kommen.

Wat den Artikel 22, Alinéa 6 ugeet, do steet: "Si l'employeur occupe régulièrement au moins cinquante travailleurs et que le travailleur déclaré inapte pour un poste à risque occupé pendant au moins dix ans par l'entreprise, l'employeur est tenu de l'affecter à un autre poste pour lequel il est trouvé apte".

Meng Iwwerleeung ass déi hei: Dat neit Gesetz iwwert den Artikel 187 vum Code des Assurances sociales, wat an Ausschaffung ass, gesäit vir, datt, wann eng Persoun inapte ass fir eng bestëmmte Plaz, dann de Patron si op eng aner Plaz transféréiere muss, an do gëtt déi Clause vun zéng Joer net a Betruecht gezunn.

Meng Fro ass: Ass et net besser, wann ugesichts vum neie Gesetz, dat kënnt, iwwert den Artikel 187 vum CAS, déi Clause vun zéng Joer einfach fale gelooss gëtt?

Do proposéieren ech en éischten Amendement.

Amendement 3

A l'article 22, l'alinéa 6 est remplacé par le texte suivant:

"Si l'employeur occupe régulièrement au moins cinquante travailleurs et si un travailleur est déclaré inapte pour un poste à risque, l'employeur est tenu de l'affecter à un autre poste pour lequel il est trouvé apte".

(s.) Jean Colombera, Gast Gibéryen, Fernand Greisen, Aly Jaerling, Robert Mehlen.

Eng drëtt Fro, déi sech stellt: Wat geschitt mat enger auslännescher Firma - ech schwätzen net vun enger Brëifkëschtfirma -, déi Aarbechter hei am Land schaffen huet, déi vläicht am Ausland duerchgecheckt goufe vun engem Dokter? Mussen déi Aarbechter sech nach eng Kéier hei am Land bei der Médecine du travail virstellen? Am Gesetzestext gëtt nämlech nëmme vun "entreprises de droit luxembourgeois" geschwat.

Do wëllt ech dann och en Amendement eragi mat engem neien Alinéa f).

Amendement 2

L'article 1er, paragraphe 3 est complété par un nouveau alinéa f):

f) aux travailleurs des entreprises de droit étranger bénéficiant d'un contrôle médical à l'étranger.

(s.) Jean Colombera, Gast Gibéryen, Fernand Greisen, Aly Jaerling, Robert Mehlen.

Am Intitulé vum Projet de loi ass den Term "exposition à des agents chimiques, physiques et biologiques" net ganz gutt gewielt. Fir mech ass en Agent biologique eppes wat positiv ass, eppes wat de Liewensprozess fördert an et ass näischt Negatives. Wann een domadder Mikrobe mengt wéi elo beim sougenannte Bioterrorismus, wat och e ganz schlecht gewielten Term ass, da géif ech proposéieren deen Term vu "biologiques" mat deem vu "microbiens" ze ersetzen.

Dofir bréngen ech och en Amendement an.

Amendement 1

Dans l'intitulé du projet de loi, alinéa b) phrase deux il faut remplacer le terme "biologiques" par "microbiens".

Ainsi l'intitulé du projet de loi se lira comme suit:

Projet de loi modifiant

a) la loi du 17 juin 1994 concernant les services de santé au travail,

b) la loi modifiée du 20 mai 1988 concernant la protection des travailleurs contre les risques liés à une exposition à des agents chimiques, physiques et microbiens pendant le travail,

c) la loi modifiée du 24 mai 1989 sur le contrat de travail.

(s.) Jean Colombera, Gast Gibéryen, Fernand Greisen, Aly Jaerling, Robert Mehlen.

Ech sinn net zefridde mam Punkt 8 vum Artikel 6, wou gesot gëtt, datt bei Entreprises, wou manner wéi 150 Aarbechter schaffen, nëmme all dräi Joer e Rapport d'activités opgestallt gëtt. Dat ass menger Meenung no net am Sënn vun enger effikasser Aarbechtsmedezin. Ech wëllt dofir hei eng Paranthèse opmaachen.

Wann een d'Statistike kuckt, do huet de Service national de la Santé den 1. Januar 2001 132.200 Aarbechter an 22 Doktere festgehalen. Dat heescht, een Dokter fir 6.009 Aarbechter. Dat heescht, ongeféier 23 Aarbechter si pro Dag kontrolléiert ginn an dat viraussichtlech vun engem Dokter, deen à plein temps schafft. Dat heescht, 21 Minutte pro Aarbechter pro Joer.

Am Service de la Santé au travail de l'industrie, am STI, goufe 44.291 Aarbechter vu siwen Doktere betreit. Dat heescht 20 Minutte goufe pro Aarbechter, pro Joer fir d'Santé au travail zur Verfügung gestallt. Dat Ganzt huet 1.500 Frang pro Aarbechter pro Joer fir 20 Minutte Consultation a vläicht och en Examen complémentaire kascht.

Wa mer déi Zuelen esou betruechten, da kënne mer net verstoen, wéi en Aarbechter vun enger ganz breeder Palette vu positive Mesurë profitéiere kann, nämlech Formation an Informatioun vun den Aarbechter, Réckeschoul, richteg Haltung, Konferenzen iwwer ustiechend Krankheeten, Tubak, Alkohol, Drogen, Impfungen, Virbeugung vu professionnelle Krankheeten, periodesch Surveillance vun der Gesondheet, Dépistage vu Krankheeten, Rotschléi iwwert d'Hygiène, Toxikologie an Ergonomie an Analysen iwwert déi verschidde Faktoren, déi schiedlech fir d'Gesondheet sinn, nämlech Kaméidi, Loftverschmutzung, Vibratiounen, d'Belichtung vum Raum, Sick-Building-Syndrom asw.

Um éischte Januar waren nëmme 39 Doktere ganzzäiteg beschäftegt. A sechs Joer goufen 300.000 Examens médicaux gemaach, dat heescht, 190 pro Dag, also 190 Mol 20 Minutten, 63 Stonne pro Dag. Dat heescht, aacht Doktere stonge während aacht Stonne pro Dag fir d'Aarbechter alleguer zur Verfügung. Ech denken, dat ass ze wéineg. Et misste méi Aarbechtsdokteren agestallt ginn, well anerwärts kann een dee risege Programm, deen den Aarbechter zegutt kënnt, net duerchféieren.

Ech hu rapportéiert kritt, dass en Aarbechtsdokter souguer zéng Aarbechter mateneen zur gläicher Zäit examinéiert huet an dat an engem bekannte Lëtzebuerger Betrib. Dat ass menger Usicht no total ofzeleenen.

Et geet net, dass mir hei Gesetzer votéieren an dass déi Gesetzer net zum Droe kommen, well keng Leit zur Verfügung stinn. Dofir sinn ech mam 8. Punkt vum Artikel 6 net d'accord, wann nëmme all dräi Joer e Rapport d'activités soll opgestallt ginn. Ech proposéiere fir méi Aarbechtsdokteren anzustellen.

Woumat ech och net d'accord sinn, dat ass, wann en Examen médical préalable à l'embauche net direkt kann duerchgezu ginn, zum Beispill wann an der Héichsaison schnell vill Garçonnen a Serveusen an der Restauratioun gebraucht ginn, an deem Fall net den Avis vum Hausdokter duergeet. Et huet een d'Impressioun, dass de Médecin généraliste nëmme méi gutt ass fir nuets opzestoen, wa kee gestéiert wëllt ginn an Alkoholiker, déi ze déif an d'Glas gekuckt hunn, behandele soll.

Fir ofzeschlësse wëll ech op déi wichteg Missioun vum Aarbechtsdokter hiweisen, dee muss onofhängeg sinn, net därerf vun den Aarbechter oder vum Patron méissbraucht ginn. Hie muss e gudde Feeling hunn, en zolidd Wëssen a seng Aarbecht beherrschen.

Mir sinn net mat Abüen, déi entstinn, averstanen, wéi zum Beispill an enger grousser Lëtzebuerger Gesellschaft, wou den Aarbechtsdokter d'Aarbechter ënnerschreiwende deet, dass si op hirer Aarbechtsplaz net därerf ëmfalen, ënner kengen Ëmstänn. Dat heescht, den Aarbechter muss schonn Hellseher sinn a virausgesinn, dass him op der Aarbecht näischt passéiert an dass hien nimools ëmfällt. Wann dat géif passéieren, da wier net den Dokter de Schëllegen, mä den Aarbechter. Mat esou Praktike si mir net d'accord.

Ech ginn lech meng dräi Amendementer eran, Här President. Den Här Jaerling wäert herno zur Konklusioun kommen.

M. le Président.- D'Wuert huet den Här Niki Bettendorf.

M. Niki Bettendorf (DP). - Här President, Dir Dammen an Dir Hären, aganks vu menger Interventioun wëll ech dem Rapporteur Marco Schroell e grouse Merci mat op de Wee ginn, dëst fir seng Aarbecht, déi hien an de schrëftlechen a mëndleche Rapport investéiert huet. Dëst ass e Projet vun enger Komplexitéit an enger Envergure, déi net ëmmer einfach ze suivéiere wor, mä hien huet et fäerdegbruecht a klore Wieder de Contenu an de Sachverhalt vum Projet op seng eege roueg a sachlech Aart a Weis duerzeleeën.

Haut zitt d'Chamber e Schlusstréch ënnert d'Aarbechte vun engem Gesetzesvorschlag, dee säit dem Mäerz 1998 an der zoustänneger Kommissioun louch an an intensiven Aarbechtsséizungen déi lescht 18 Méint, esou wéi en elo vir eis läit, konnt finaliséiert ginn.

Mäi Kolleeg, de Marco Schroell, ass a sengen Ausféierungen op all Detailer vum Projet ausféierlech agaangen an dofir konzentréieren ech mech nëmmen op deen ee spezifesche Punkt vum Projet, an dat ass den Examen d'embauche préalable, deen duerch eng Modifikatioun vum Artikel 15 an d'Gesetz agefouert gëtt.

Den honorable Jean-Marie Halsdorf ass méi am allgemengen op d'Aarbechtsmedezin agaangen. En

huet awer och drop higewisen, datt dat 94er Gesetz eng 20 Lacunen hat, déi et gegollet huet auszemäerzen, wat och mat dësem Projet de loi geschitt ass.

Eng aner Klack ass déi, déi mer bei der LSAP héieren hunn. Wéi mer aus enger fräier Tribün am "tageblatt" den 31. Oktober dëst Joer gewuer konnte ginn, ass hire Wortführer, den honorablen Här Lucien Lux, dësem Projet net favorabel gesënnt. Mat sengem Artikel a mat sengen Ausféierungen, och haut hei op dëser Tribün, beweist de Kolleeg Lucien Lux a mengen Ae seng Problemer, déi hien huet, net nëmme mat der rezenter Vergaangenheitsbewälteung, mä des Weideren och seng Begrëffsstutzegeet.

Ech ginn d'Gefill einfach net lass, dass, wann den Här Lux eppes net verstoe wëllt, da versteet hien et einfach net an objektiv Argumenter léisst en net u sech erun.

(Interruptions diverses)

Wësst Der, Här President, de Kolleeg Deputéierte vu Beetebuerg ass e luussege Luchs a mengt et wier un der Zäit, fir sech emol en évidence ze setzen, esou wéi seng Diddelenger Kolleegen et jo och regelméisseg maachen.

(Interruptions diverses)

Wéi een an de Bësch rëfft, esou schalt et erëm.

Den Här Lux vergësst ze soen, datt hiert gestëmmt Gesetz vum 17. Juni 1994 net konnt fonctionnéieren, well et wierklechkeetsfriem wor an net de Realitéiten um Terrain entsprach huet. Doduerch huet ebe missen nogebessert ginn.

Dat hat och de sozialistesche Minister Wohlfart 1998 klor erkannt an och hien hat eng nei Dispositioun fir den Artikel 15 virgesinn. Dat sinn Tatsaachen, ouni dervun ze schwätzen, wat et méi kascht hätt, vu der Onméiglechkeet vun den Aarbechtsmedezinner fir déi vill Aarbecht ze bewältegen.

Mir mussen och wëssen, dass d'Aarbechtsmedezin saisonbedingt ass. Mir hätten zum Beispill am Fréijoer - Abrëll, Mai, Juni - eng vill méi grouss Unzuel vun Aarbechtsmedezinner missen hunn, déi dann awer am Laf vum ganze Joer net déi Aarbecht gehat hätten, déi se hätte missen hunn. Dat Ganzt hätt natierlech och säi Präis gehat.

(Interruptions diverses)

Den Här Lux huet Recht, wann e seet, dass ee sech hätt sollen ...

Des voix.- Aha!

M. Niki Bettendorf (DP). - Ech muss jo kucken, dass Dir erëm oppasst an dofir muss ech jo eppes Positives soen.

Den Här Lux huet gemengt, et soll ee sech d'Moyenne ginn, déi noutwendeg sinn, an dass dat säi Präis huet. Mä dat ass fir mech och nach net ausschlaggebend.

Ech ginn lech, wat d'Realitéit ubelaangt, e Beispill um Terrain. Ech mengen, ech hunn et schonn eng Kéier an der Chamberskommissioun gezielt: E Restaurateur, dee brauch e Garçon oder eent Zerwéiermeedchen. Hie kritt vum Aarbechtsamt eng Persoun geschéckt a wëllt et mat där probéieren. Déi Persoun muss, fir agestallt ze ginn, bei den Dokter goen a kënnt no enger Woch mam Certificat erëm. No enger halwer Stonn Aarbecht muss de Patron feststellen, dass déi Persoun fir de Service einfach net gemaach ass an e muss sech op en Neits op d'Sich maachen. Dat kann dann esou e puer mol hannerenee geschéien an et ka bis e Joer daueren, bis en effektiv pfündeg ginn ass.

(Coups de cloche de la Présidence)

Wësst Der, Här President, wann d'Sozialiste vum Niveau schwätzen a vergiessen, wéi d'Realitéit um Terrain ass, dann ass et Zäit, dass een hinnen erëm mat Beispiller dingt an hinnen dat an Erënnerung rífft.

Ech weess, den Här Lux huet virdru geschwat, dass den Zuch nei op d'Gleiser muss gesat ginn. Dat sinn déi Wieder, déi e gesot huet. Firwat hu se dann 1994 net e Gesetz gemaach, wou effektiv den Zuch op d'Gleiser komm ass? Dat kënnt Der am Analyteschen noliessen.

(Interruptions diverses)

M. Mars Di Bartolomeo (LSAP).- Dir zitíiert d'Leit ëmmer zimlech falsch, Här Bettendorf. Et ass net déi éischte Kéier, wou Dir falsch zitíiert.

M. Niki Bettendorf (DP).- Dir hutt souguer gesot, Här Lux, beim 1998er Gesetz, do si mer net gefrot ginn. Or, dat war dach Äre Minister, deen d'Gesetz 1998 deponéiert huet. A wann ech hei vu Vergaangeneheetsbewälteung schwätzen, dann ass et, dass Äre Minister dat Gesetz vun 1998 deponéiert huet.

(Interruptions diverses)

Dir sot, mir sinn net gefrot ginn. Dat heescht, Dir hat deemools mat Äre Ministeren net vill Diskussiounsméiglechkeeten. Déi hu Projets de loi deponéiert, wou Dir guer net gefrot gi wäert. Wat mech awer Wonner gëtt!

Dat Beispill, wat ech lech ginn hu vum Restaurateur, dat ass d'Realitéit um Terrain, an dofir muss dat Gesetz vun 1994 op deem Punkt ofgeännert ginn. Een, deen dat net agesäit, huet ni um Terrain geschafft an an engem Betrib säi Geld verdingt, soss géif en niewent sengen eegenen Usiichten och déi, a wann och nëmmen eng eenzeg Kéier, vun dem Arbeitgeber e bësse besser verstoen.

Ech erkläre mech an dësem Fall. Dat neit Gesetz gesäit am Artikel 15 vir, dass jiddereen, deen en Aarbechtsposten unhëlt, sech engem Contrôle médical ënnerzéie muss "dans les deux mois de l'embauchage". D'Aarbechter, déi e Poste à risque occupéieren, déi am Gesetz virgesi ginn, mussen sech dem Contrôle médical,

genau wéi virdrun, net anescht, nach ëmmer préalablement zu hirem Aarbechtsuntrëtt ënnerzéien. All déi aner mussen sech innerhalb vun zwee Méint beim Aarbechtsdokter presentéieren. Dës nei Regelung dréit dem Aarbechtsopwand vun de Services de santé au travail Rechnung an erlaabt eng méi flexibel Organisatioun vun den Examens médicaux.

Et ass e Fakt, wéi d'IGSS der Kommissioun matgedeelt huet, dass haut iwwer 40% vun de Salariéen net kënne virum Untrëtt vun hirer Aarbecht oder neier Aarbecht vum Aarbechtsmedezinner kontrolléiert ginn. Den Délai vun zwee Méint ass eng flexibel Approche, déi et erméiglecht, zum Beispill an der Periode saisonnière de forte embauche, kënnen déi Leit ze rekrutéieren, déi gebraucht ginn. D'Servicer vun der Aarbechtsmedezin sinn elo an der Lag, fir dësem Aarbechtsopwand nozekommen.

Wat seet de Kolleeg Lucien Lux am Numm vun der LSAP zu dësen elementare wichtege Neierungen? Hie klassifizéiert dës Dispositiounen als "Rückschlag für den Gesundheitsschutz" a schreift: "So ist der jetzt vorliegende Text ein Schlag ins Gesicht für den präventiven Gesundheitsschutz am Arbeitsplatz". De Minister Wohlfart léisst gréissen!

Den Här Lux erklärt sech: "In der Tat wurde der Zeitraum in dem die medizinische Untersuchung stattfinden soll auf zwei Monate nach der Einstellung ausgedehnt". Esou wäit richtig, mä dann interpretéiert hien d'Konsequenz dovun net richtig. "Die Unsicherheit für den Beschäftigten wird erhöht. Ist er doch zwei Monate lang einem eventuellen gesundheitlichen Risiko ausgesetzt."

Här President, wien de Projet de loi esou interpretéiert, beweist net den allerbeschte Wëllen. Wann hei bemängelt gëtt, dass et zu enger Précarisatioun vun der Situatioun vum Salaré géng kommen, dann entsprécht dat net der ganzer Realität. Och wann den Examen médical no dem Embauchage virgeholl gëtt, bleiwen d'Rechter vum Salaré garantéiert. Näischt verhënnert, dass, wann een de Patron wëllt wiesselen, een direkt bei den Aarbechtsmedezinner, bei den Dokter geet, deen een da kann ënnersichen, also ier een op där enger Plaz seng Démissioun gëtt.

Ech mengen, ech hunn ewell eng Kéier drop higewisen, dass och d'Arbeitsamt soll en Deel Aarbecht mat iwwerhuelen, a wa se Leit hunn, déi Aarbecht sichen, dass se solle versichen d'Leit préalablement bei den Dokter ze schécken, ier se se op eng Plaz schécken, fir agestallt ze ginn, well dann hunn déi jo schonn den Zertifikat. Dat ass eng Propositioun, déi een och net soll aus den Ae verléieren.

Ech kommen nach op dat ze schwätzen, wat d'Berufschambere gesot hunn. Effektiv ware se kritesch vis-à-vis vun der Dispositioun, déi hei ugeschwat ass.

Esou kann ech awer och nëmmen d'Lecture vum Avis vum Conseil d'Etat recommandéieren. Do steet: "Le Conseil d'Etat peut comprendre les appréhensions des Chambres professionnelles confrontées à un revirement fondamental de la pratique en usage sous réserve de certains aménagements. Il estime cependant que l'approche des auteurs du projet va dans la bonne direction. Leur solution est empreinte d'un pragmatisme et d'un réalisme certain." Also ass de Projet pragmatesch a realistesch. En ass wierklechkeetsbezunn an net wierklechkeetsfriem.

Zum Punkt vun der Condition résolutoire seet de Conseil d'Etat: "Par ailleurs les inquiétudes des Chambres professionnelles salariales en rapport avec la fameuse condition résolutoire ne sont pas fondées." Ech wëll net op déi fundéiert juristesche Analys, déi de Statsrot mécht, agoen, mä ech wëll awer seng Konklusioun zu dësem Punkt zrëckginn: "Il en résulte qu'au regard du droit social, la période d'occupation se situant entre l'embauche et la survenance de la condition résolutoire reste valablement couverte et les droits du salarié demeurent parfaitement sauvegardés."

Fir schliesslech och nach op den Awand ze äntwerten, dass de Salarié, dee sech fir eng nei Aarbecht presentéiert a sech engem neie medezinneschen Examen ënnerzéie muss, riskéiert duerno ouni Aarbecht ze sinn, well den Dokter hien als inapte deklaréiert huet, do kritt een och eng Äntwert vum Statsrot, déi, niewebäi gesot, awer mat gesondem Mënscheverstand muss gesi ginn: "Le travailleur, avant de résilier son contrat de travail auprès de son ancien employeur, n'attend systématiquement pas le résultat de l'examen d'aptitude au nouveau poste de travail qu'il brigue." Also dat Beispill, wat ech virdrun zitéiert hunn.

Den Avis vum Statsrot ass vläicht net ëmmer einfach ze verstoen, mä et muss ee sech awer e bëssen d'Méi maachen, fir en ze liesen a fir mat klorem Mënscheverstand dann och ze verstoen, wat do steet.

Ech wëll zousätzlech nach eng Kéier umierken, dass e Salarié, deem eng aner Aarbecht unhëlt, sech nëmmen engem Examen médical ënnerzéie muss, wann de Posten, deem hie brigéiert, e sougenannte Poste à risque ass oder deem neie Poste ganz aner Conditions de travail virweist, wéi déi al Aarbechtsplaz. Dëst ass festgehalen ënner anerem am Artikel 16 vum neie Gesetz.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech ginn net op all déi aner Ännerunge vun dësem Gesetzesvorschlag an. Dëst ass schonn ausféierlech a gutt vum Rapporteur gemaach ginn. Ofschléissend wëll ech nach den Accord vu menger Fraktioun zu dësem Projet de loi ginn a soe merci fir d'Nolauschteren.

M. le Président.- D'Wuert huet den Här Aloyse Bisdorff.

M. Aloyse Bisdorff (déi Lénk).- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ee vun den Haaptpunkte vun

dësem Gesetz besteet, aus menger Siicht, an der Privatiséierung vum Service national de santé au travail. Dofir gëtt och den Numm geännert a Service de santé au travail multisectoriel, fir ze verhënneren, dass eventuell eng Verwiesselung mat enger Statsverwaltung soll kënne gemaach ginn.

An dëselwecht Richtung geet et och, dass an Zukunft nëmme méi an dësem Service Privatbeamten agestallt ginn, an och de President vum Comité directeur soll de Privatbeamtestatut kréien.

Allerdéngs kann dat elo scho beschäftegt Personal fir e Statut optéieren, ee vun deenen zwee, woubäi een awer muss bemierken, dass déi meescht elo schonn als Privatbeamten agestallt goufen.

D'Statsbeamtekummer wiert sech géint dës Privatiséierung a mécht an hirem Avis eng ganz Rei vun interessante Bemierkungen, vun deenen ech der e puer wëll zitéieren:

"Les arguments évoqués" - dat heescht, déi Argumenter, déi ugefouert gi sinn, fir déi Privatiséierung ze maachen - "sont de mauvaise augure pour d'autres établissements publics fonctionnant sur une base analogue considérée jusqu'ici comme garant de l'égalité, de la neutralité, de la continuité, ainsi que de la sécurité juridique."

An e bësse weider heescht et: "Dans ce contexte, il faut encore relever que le projet de privatisation se heurte à un alinéa de la déclaration gouvernementale du 12 août 1999, selon lequel une réglementation ad hoc fixera les conditions dans lesquelles un service public pourra être transformé en établissement public et en fixera les structures ainsi que le statut du personnel."

Esou eng Réglementation ad hoc ass ni geholl ginn an dofir wäerte wuel elo no an no verschidden esou Servicer privatiséiert ginn. Dofir kënnt d'Statsbeamtekammer dann zum Schluss derzou, fir dës Privatiséierungsprozedur ofzelehnen andeem se seet: "En conclusion, la Chambre des Fonctionnaires et Employés publics refuse de donner son aval au projet pour ce qui est de la privatisation du Service national de la santé au travail, prévue au paragraphe 5 de l'article 1er."

D'Tatsaach, dass nëmmen haaptsächlech an eng Privatiséierungsrichtung geduecht ginn ass, déi gesäit een och doran, dass déi Problemer, déi sech bei dësem Service stellen, besonnesch wat déi Beschäftegt ubelaangt, déi als inapte erkläert ginn, net geléist ginn. Bei der Astellung geschitt eng Ënnersichung a wann déi festhält, dass dee Betreffenden onfäeg ass, fir dee Posten ze besetzen, da gëtt den Astellungsvertrag hifälleg. Vun deem Dag u gëllt och kee Préavis, et gi keng Indemnitéiten. Nëmme d'Pai, déi bis dohinner geschëlt ass, gëtt bezuelt. Allerdéngs gëtt gesot, déi Betreffend hätten Urecht op Aarbechtslosen-ënnerstëtzung. Dat steet awer, menges Wëssens, net

ausdrécklech am Text, mä nëmmen am Kommentar zu den Artikelen.

Een zweete kruziale Punkt ass, wann ee Beschäftegten als gesondheetlech inapte fir en Aarbechtsposte befonnt gëtt. Dat ass ongeféier de Fall fir een Aarbechter op 200. Et ass net onbedingt eng kleng Zuel. An deem Fall däerf den Aarbechter net weider beschäftegt ze ginn, jiddefalls net op deem Posten. D'Affektatioun op een anere Posten, déi kann erfollegen, wann en 10 Joer an engem Betrib vun iwwer 50 Leit beschäftegt ass. An deenen anere Fäll ass awer d'Jurisprudenz esou, dass dem Salarié säi Patron net forcéiert ka ginn, fir en ze reklasséieren. Bei engem Reklassement ass d'Loungarantie, och eng partiell Loungarantie, net virgesinn. Et ass näischt virgesinn am Fall vun enger ageschränkter Aptitude.

Déi meescht vun dëse Fäll wäerten dofir - an d'Praxis weist et jo och schonn - entweder an enger Kënnegungsprozedur oder an enger betriebsinterner Déqualificatioun landen. Hei missten zwéngend Obligatiounen fir de Patron an d'Gesetz kommen. Zum Beispill d'Annulatioun vun der Kënnegung an dat zesumme mat enger op d'mannst partieller gesetzlech geregelter Loungarantie a mat enger befriddegender Invaliditéitsléisung. Well dat awer net virgesinn ass, ass et klor, dass ech den Text vun dësem Gesetz net ka stëmmen.

Den neie Service ënnersteet engem Direktiounscomité, engem President an dräi Delegéierten, déi vun de Syndikater proposéiert ginn, an dräi Delegéierte vu Patronsorganisatiounen. Do heescht et: "... des organisations professionnelles, des employeurs les plus représentatifs sur le plan national." Elo wësse mer awer, dass scho sektoriell Services existéieren bei de Banken, bei den Assurancen. D'FEDIL huet hiren eegenen. Theoretisch kënnen also och Patronsvertreeder aus dëse Secteuren, déi hire spezielle Gesondheetssektor hunn, Vertreeder an dëse Comité nennen. Ech fannen, dat wär net richteg, do däerften nëmme Patronatsvertreeder dra kommen, déi och hir Beschäftegt an deem Service multisectoriell ugemellt hunn.

Eng lescht Bemierkung betrëfft d'Statsservices. Et ass zwar elo gesot ginn an der Diskussioun, dass virgesinn ass, dass och eng Aart Santé au travail fir d'öffentlech Funktioun soll geschafe ginn, wat ech absolut géing begreifen aus deem einfache Grond, well bei deenen Ennersichungen, déi elo am Privatsektor gemaach gi sinn, festgestallt ginn ass, dass ongeféier bei 10% vun deene Leit, déi ënnersicht gi sinn, eng Krankheet fonnt ginn ass, vun där déi Leit iwwerhaupt emol net wossten, dass se esou eng hätten. Et drängt sech op, dass déi Ennersichung an alle Secteure virgeholl gëtt, och an der öffentlecher Funktioun.

Well awer déi Nodeeler, déi do entstinn an déi net geléist sinn, besonnesch fir déi Beschäftegt, a besonnesch

wann eng Inaptitude op de Posten ausgesprach gëtt, hunn ech, fir dat ze corrégieren, eng Motioun verfaasst, déi ech lech heimat ënnerbreeden.

Motion 1

La Chambre des Députés

- *considérant que la protection des travailleurs déclarés inaptes au travail et leur reclassement dans la mesure du possible au sein de l'entreprise a été un objectif essentiel au moment de l'adoption de la loi du 17 juin 1994 concernant les services de santé au travail;*

- *considérant que la loi de 1994 prévoit ainsi une "étude de poste" avant toute déclaration d'inaptitude par le médecin du travail (article 22);*

- *considérant que cette étude de poste, selon cet article, "doit porter sur les possibilités de mutation et de transformation du poste, justifiée par des considérations relatives notamment à la résistance physique ou à l'état de santé des travailleurs" et comporter "des propositions pour l'adaptation du poste que l'employeur devra prendre en considération, le tout dans la mesure du possible";*

- *considérant que l'article 19 de la même loi fait obligation à l'employeur d'avertir le médecin du travail après une absence ininterrompue de plus de six semaines du salarié avec faculté pour le médecin "d'apprécier son aptitude à reprendre l'ancien emploi ou de déterminer l'opportunité d'une mutation, d'une réadaptation ou d'une adaptation du poste de travail";*

- *considérant que, selon la même loi (article 22), l'employeur devra "dans la mesure du possible" affecter un travailleur déclaré inapte au travail à un autre poste de travail;*

- *considérant qu'il est même "tenu de l'affecter à un autre poste" s'il occupe régulièrement au moins 50 travailleurs, si le travailleur en question a occupé un poste de sécurité et a travaillé depuis au moins dix ans pour l'entreprise;*

- *considérant cependant que ces dispositions protectrices des travailleurs qui constituent une ouverture louable de la loi de 1994 sont restées le plus souvent lettre morte et sont interprétées très restrictivement par la jurisprudence en l'absence de sanctions concrètes;*

- *considérant que la loi ne permet notamment pas de sanctionner un licenciement intervenu au mépris de ces dispositions par une action en nullité et en réintégration comme c'est le cas en matière de licenciement d'une femme enceinte ou d'un délégué du personnel;*

- *considérant que la loi ne contient pas non plus de dispositions concernant la garantie salariale des personnes à reclasser;*

invite le Gouvernement

- à prévoir dans la loi sur le contrat de travail une action en nullité du licenciement et en réintégration en cas de licenciement intervenu sans avoir préalablement envoyé le salarié absent pendant plus de six semaines chez le médecin du travail selon l'article 19 de la loi concernant les services de santé au travail, respectivement sans avoir observé les obligations de reclassement prévues aux articles 19 et 22 de cette même loi;

- à prévoir l'introduction dans la loi concernant les services de santé au travail d'une garantie salariale en cas d'obligation de reclassement d'un travailleur déclaré inapte ou partiellement inapte à son ancien poste de travail par le médecin du travail.

(s.) Aloyse Bisdorff, François Bausch, Robert Garcia, Camille Gira, Aly Jaerling.

M. le Président. - D'Wuert huet den Här Aly Jaerling.

M. Aly Jaerling (ADR). - Här President, Dir Dammen an Dir Hären, wann ech dëse Projet aus dem Gesiichtspunkt vun de Gewerkschaftler analyséieren, da ginn ech d'Gefill net lass, dass et am Fong méi e Projet ass, deen op d'Patronat zougeschnidden ass an do derniewent och nach d'ausféierend Bestëmmungen e bësse vum Patronat kënnen dirigéiert ginn.

Et stellt sech d'office mat dësem Projet d'Fro, ob de Secret médical garantéiert ass a wéi wäit de Patron vum Aarbechtsmedezinner iwwert de Gesondheitszoustand vum Salarié dierf informéiert ginn an am Endeffekt informéiert gëtt.

Ee vun de Sträitpunkten, deen den Här Lux opgeworf huet, ass dee vum Examen préalable, dat heescht den Examen préalable soll am Fong nëmme fir Postes à risque virgesi sinn. Mä wat ass e Poste à risque? Als Gewerkschaftler weess ech aus Erfahrung, dass praktesch all Aarbechtsplaz e Poste à risque ass, an dass et hei am Land schonn e Risque ass, wann een op d'Aarbecht fuere muss mat deem Verkéierschaos, dee mer hei hunn. Dofir gesinn ech all Aarbechtsplaz e bëssen als Poste à risque un a sinn och derfir, dass deen Examen préalable erhale bleift.

Wat ze begrëssen ass a wat an deem Gesetz vun 1994 net dran ass, dat ass, dass dem Salarié endlech Recoursméiglechkeeten ugebuede ginn, wann en duerch eng medezinnesch Décisioun net agestellt oder entlooss gëtt. Et ass awer einfach net ze toleréieren, dass dem Salarié, nodeem e schonn e Mount bei engem Patron geschafft huet - an d'Aarbechtsgesetz gesäit vir, dass een deen éischten Dag, wou een agestellt gëtt, muss am Fong en Aarbechtsvertrag ënnerschreiwen an dass een dann ënnert déi normal Aarbechtsbedingunge vum Contrat de travail fält -, duerch eng medezinnesch Décisioun sai Kontrakt einfach kann opgeléist ginn, ouni dass en iergendee Préavis zegutt huet. Dat fannen ech e Skandal. E misst zumindest de Préavis vun der Période d'essai zegutt hunn. Dat wär dat mannst, wat him misst zougestane ginn.

Och sinn dem Salarié seng Chancen, deen op esou eng Aart a Weis vu senger Aarbecht entbonne gëtt, fir eng aner Aarbecht ze fannen, ganz kleng an héchstwahrscheinlech schafe mer domat weider Affen fir déi onsozial Applikatioun vum Artikel 187 vum Code social oder souguer nei RMG-Bezéier.

Wat meng Fraktioun awer och an dësem Gesetzesprojet vermësst, dat ass, dass, fir d'Opstellung vun der Lëscht vun den Aarbechtskrankheeten, kee Salariaatsvertrieder consultéiert brauch ze ginn, an domat déi Lëscht ausschliesslech ënnert der Tutelle vum Patronat a vu Fonctionnairen opgestallt gëtt.

Mir brauchen eng onofhängeg Aarbechtsmedezin, déi all Recoursméiglechkeeten ubitt am Kader vun enger Responsabiliséierung vum Sozialnetz. Beruffskrankheeten dierfen net einfach katalogéiert ginn, mä musse kënnen Fall fir Fall op Basis vum Berufsbild no Consultatioun, och vun de Salariaatsvertrieder, unerkannt ginn.

Bei der Festleeung vun de Postes à risque gesäit et ähnlech aus. Och do missten d'Sozialpartner consultéiert ginn, wéi zum Beispill de Sécherheitsdelegéierten oder an den effektive Betriber den Ausschuss. A wa keen esou do ass, da kann ausschliesslech d'Aarbechtsmedezin déi Postes à risque festleeën.

D'Sozialpartner mussen also an där Gesamtstruktur vun der Médecine du travail integréiert ginn, fir wierklech en objektiivt an en optimaalt Bild vun deem Ganzen ze kréien.

Et muss och eng medezinnesch Betreierung an eng Beruffsorientéierung am Secondaire agefouert ginn, fir schonn am Virfeld kënnen Schied ze vermeiden, well wat ech an dësem Gesetz wierklech vermessen, dat ass d'Preventioun, Preventioun an deem Sënn, dass ee scho virbaut an dass et net méi dierf esou sinn, dass ee Schüler an eng bestëmmte Beruffsrichtung orientéiert gëtt an da spéider vum Aarbechtsminister als inapte zu deem ausgewieltene Beruff kann erkläert ginn. Dat ass eppes, wat net méi dierf virkommen an do misst ee kënnen preventiv wirken, andeem dass een am Secondaire schonn eng medezinnesch Betreierung aféiert, déi och kuckt a wat fir eng Beruffsrichtung de Schüler, ënner Berücksichtigung vu sengem gesondheetlechen Zoustand, kann orientéiert ginn.

Ech hunn et schonn eng Kéier hei virbruecht, dass et wichteg ass, fir enger Rei vu sougenannte Beruffskrankheete virzebauen. Och scho vum Primärschoulalter u misst virgebaut ginn, andeem do schonn eng Preventioun géint Réckkrankheete misst stattfannen.

Wat iwwerhaupt hei net ernimmt ginn ass, dat ass d'Ergonomie op der Aarbechtsplaz, dat heescht, dass onbedingt muss derfir gesuergt ginn, dass d'Aarbechtsplaz dem Salarié ugepasst gëtt an net

ëmgedréint, dass de Salaré seng Gesondheet muss dropmaachen, fir sech senger Aarbechtsplaz unzepassen.

Et ass wichteg, e Gesetz ze hunn iwwert d'Médecine du travail, mä et muss e Gesetz ginn, wat och preventiv wierkt a wat verschiddene Berufskrankheete virbaut. Et dierf virun allem kee Gesetz ginn, wat laanscht d'Sozialpartner leeft an nëmmen de Stempel vum Patronat dréit. Esou e Gesetz kënne mir net matdroen. Dofir, an och op Basis vun deem, wat mäi Parteifréind Jean Colombero hei virbruecht huet, kënne mir als ADR dëse Gesetzesprojet net stëmmen. Mir wäeren awer bereet, wann dem Här Colombero seng Amendementer ugeholl ginn, eis bei deem Gesetzesprojet ze enthalten, am anere Fall musse mer dergéint stëmmen, obschonn deen een oder anere Schrëtt an déi richteg Richtung geet, mä mir vermessen eng ganz Rei Elementer, déi mir als ADR an eisem Programm hunn an déi net an deem Gesetzesvorschlag enthalte sinn.

Médecine au travail, jo! Awer net ouni Sozialpartner an net ouni déi Argumenter ze berücksichtegen, déi den ADR hei virbruecht huet.

Ech soen lech merci.

M. le Président.- D'Wuert huet den Här Gesondheitsminister Carlo Wagner.

M. Carlo Wagner, Ministre de la Santé et de la Sécurité sociale.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech wëll fir d'alleréisch emol dem Rapporteur, dem honorablen Här Marco Schroell merci soe fir säi ganz prezisen a komplette Rapport. Dat erlaabt mir et, fir net ze laang ze sinn an nëmme just mussen op e puer Punkten anzegoen.

Ech muss iwwregens och soen, dass d'Riedner alleguer sech zimlech déif mat deem Projet befaasst hunn. Ech ka mech dofir op sechs Remarque limitéieren.

Dat éischt ass den Examen d'embauche, deen net den Accord vun alle Säite fënnt. Ech muss awer och soen, dass d'Statistiken erginn hunn, dass ënnert där aler Gesetzgebung et esou war, dass a 45% vun de Fäll déi Examens d'embauche guer net duerchgefuert si ginn, well et meeschtens net méiglech war, an dat haaptsächlech bei all deenen Interimsaarbechten an Aarbechten, déi e Caractère saisonnier hunn.

Ech mengen, dass déi nei Approche méi realistesch ass, an dat ganz besonnesch well, an dat ass e puermol hei betount ginn, d'Postes à risque net vun där Mesure betraff sinn. Selbstverständlech muss dat avant embauche gemach ginn. Dat erlaabt bestëmmt eisen Aarbechtsdoktere fir sech méi laang mat deene méi seriöse Fäll ze befaassen.

Den Här Halsdorf ass schonn drop agaangen, wéi e gesot huet, dass awer trotzdeem, wat jo eng Angscht war vum Här Lux an deem Artikel, deen ech am Oktober am "tageblatt" gelies hunn, dass wann ee géif eng

Aarbecht opgi fir eng aner Aarbecht ze sichen an et géif een inapte erkläert ginn, een dee Moment géif um Trottoir stoen an et hätt ee keng sozial Ofsécherung méi.

De Conseil d'Etat huet dat richteg gestallt, déi Persoun kritt Chômagegeld. Och kann ech dermat averstane sinn, dass dat fir déi Persoun vläicht net alles ass, mä op där anerer Säit muss ech awer als Gesondheitsminister soen, wann déi Persoun op hirer Aarbecht bliwwen wär a se wär inapte gewiescht, och dat hätt hir gesondheetlech näischt bruecht.

Wat d'Definitiou vum Poste à risque ubelaangt, do musse mer eis alleguer eens sinn, dass déi vill ze vill restriktiv an der Vergaangenheet war, doduerch dass se haaptsächlech d'Risques de maladies professionnelles zréckbehält.

(Interruptions diverses)

M. Lucien Lux (LSAP).- Gesitt Dir, wat fir eng Reaktiounen Dir provoziert.

M. Carlo Wagner, Ministre de la Santé et de la Sécurité sociale.- Dat ass e Fall fir en Examen périodique, géif ech soen.

(Hilarité)

An deem neie Projet de loi ass dat vill méi seriö definéiert.

Deen drëtten Punkt ass dee vum Travail administratif, deen dat Ganzt mat sech bréngt a wou ee muss soen, dass souguer bei deene gréisseren Entreprises nëmmen een Drëttel vun de Rapporten erakomm ass. Och do sinn d'Leit absolut net mat den administrative Contrainten eens ginn. Dir kënnt lech virstellen, dass bei klengen Entreprises dat nach vill méi schlëmm war. An dofir fannen ech, dass et verstänneg ass, wa mer soen, dass misst e Rapport annuel nëmmen an deenen Entreprise si vun iwwer 150 Aarbechter an dass bei deenen aneren Entreprises dat géif all dräi Joer duergoen.

De Changement vun der Denominatioun huet sech effektiv imposéiert, well den SNST immens verwieselt ginn ass mat der Division de la Santé au Travail, wat vläicht eng historiesch Begrënnung huet, doduerch dass initialement bei deem éischte Projet de loi vun 1994 virgesi war, dass dës Saach net sollt finanzéiert ginn duerch d'Cotisations patronales, mä dass et sollt vum Stat iwwerholl ginn, doduerch dass et géif rattachéiert ginn un d'Assurance-Accidents an esou géif dem Ministère de la Sécurité sociale ënnerstoen. Hei gëtt elo ville Konfusiounen en Enn gesat.

Deen nächste Punkt fannen ech och ganz wichteg, dass de Législateur virgesäit, dass en Elargissement gemaach gëtt vun der Definitiou vum Objectif vun deem Gesetz an deem Mooss, dass déi Protectioun op der Aarbecht

net méi soll exclusivement den Aarbechter betreffen, mä eventuell och aner Leit, déi se kënnen a Gefor setzen. Ech denken haaptsächlech un den Transport, un d'Chauffeure vu Bussen. Och dat ass e ganz positiven Aspekt.

Et ass d'éinescht ugeklongen, dass effektiv de Ministère de l'Economie sech derfir agesat huet, dass dat heite Gesetz net sollt nëmme just applicabel sinn op Lëtzebuurger Entreprises, déi hei zu Lëtzebuerg etabléiert sinn, mä och op déi Entreprises de droit luxembourgeois, déi am Ausland sinn. Domat kënnen mer e kleng Frein deene berühmte Boîtes aux lettres setzen.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech wollt ganz kuerz sinn. Ech soen all deene Leit merci, déi dëse Gesetzesprojet stëmmen. Et ass eng sensibel Verbesserung vun dem jetzege Gesetz a ganz besonnesch ersetzt et verschidden Imprécisionsen, wouduerch dat neit Gesetz vill méi realitéitsno gëtt.

Merci.

M. le Président.- D'Diskussioun ass ofgeschloss a mir kommen zur Lecture vun den Artikelen vum Projet de loi 4418 a stëmmen driwwer of.

Mir hu fir d'éischt en Amendement zum Intitulé, dee freet, dass mer dat Wuert "biologiques" sollen ersetzen duerch "microbiens".

Den Här Colombero huet d'Wuert.

M. Jean Colombero (ADR). - Ech wëll nach eng Kéier erkläre firwat. Fir mech ass d'Biologie eppes Lieweges an näischt Negatives wat géint de Kierper geet.

All Mënsch heibanne weess wat Biologie heescht. Et kann net sinn, datt e Wuert wéi Biologie eppes Schlechtes wier. Dofir wollt ech dat ersetzen duerch "microbiens". An der Lëscht vun de "Maladies professionnelles" stinn eng ganz Rei vu Krankheeten, déi duerch Mikroben bedéngt sinn an ech mengen, et wier falsch, wa mer géingen dat Wuert "biologiques" dra loossen, well et ass eppes ganz Lieweges an näischt Negatives.

M. le Président.- Den Titel huet am Fong direkt näischt mam Text vum Gesetz ze dinn.

M. Jean Colombero (ADR). - Am Text steet awer och nach eng Kéier dat Wuert "biologie", Här President, am Artikel 17.1.

M. le Président.- Ech sinn der Meinung, dass mer sollten doriwwer ofstëmmen. Wann Der domat d'accord sidd, maache mer dat mat Handophiewen.

Vote

Wien ass mat där Proposition vum Här Colombero d'accord?

Wien ass dergéint?

Et ass keen Zweifel, d'Majoritéit ass dofir, deen alen Titel bäizebehalen.

Lecture du texte du projet de loi (par M. Jean Spautz)

Den Artikel 1 ass gelies.

Zu deem Artikel hu mer zwee Amendementen, deen een zum Paragraph 3, wou en Alinéa f) géint bäigefügt ginn.

Iwwert deen Amendement mussen mer ofstëmmen.

Vote

Déi fir den Amendement 2 si stëmmen mat Jo, déi aner mat Neen oder enthalen sech.

Den Amendement 2 ass mat 46 Stëmmen géint 8 a 5 Abstentionen ofgeleent.

Ont voté oui: MM. Jean Colombero, Gast Gibéryen, Fernand Greisen, Jacques-Yves Henckes, Aly Jaerling, Jean-Pierre Koepp (par M. Jacques-Yves Henckes) et Robert Mehlen;

M. Aloyse Bisdorff.

Ont voté non: MM. Willy Bourg, Lucien Clement, Marcel Glesener, Jean-Marie Halsdorf, Norbert Hauptert, Ady Jung, Nico Loes, Paul-Henri Meyers, Mme Marie-Josée Meyers-Frank, M. Laurent Mosar, Mme Ferny Nicklaus-Faber, MM. Patrick Santer, Marco Schank (par M. Nico Loes), Jean Spautz, Mme Nelly Stein, MM. Nicolas Strotz, Fred Sunnen (par M. Ady Jung), Lucien Weiler et Claude Wiseler;

Mme Simone Beissel, MM. Jeannot Belling, Xavier Bettel, Niki Bettendorf, Emile Calmes, Mme Agny Durdu, MM. Gusty Graas, Paul Helminger, Alexandre Krieps, Claude Meisch, Mme Maggy Nagel, MM. Jean-Paul Rippinger, Marco Schroell, John Schummer et Théo Stendebach;

MM. Jean Asselborn, Alex Bodry (par M. Mars Di Bartolomeo), Mme Mady Delvaux-Stehres, M. Mars Di Bartolomeo, Mme Lydie Err, MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein, Jeannot Krecké, Lucien Lux, Mme Lydia Mutsch (par M. Marc Zanussi), MM. Jos Scheuer et Marc Zanussi.

Se sont abstenus: MM. François Bausch, Robert Garcia, Camille Gira, Jean Huss et Mme Renée Wagener.

Da komme mer zum Amendement 3.

Den Här Colombero huet d'Wuert.

M. Jean Colombero (ADR). - An deem Text virduer huet den Aarbechter missten zéng Joer an der Firma schaffen an eréischt duerno huet de Patron him missen eng aner Aarbecht proposéieren.

Här Minister, dat neit Gesetz, dat elo gestëmmt gëtt iwwert den Artikel 187 vum CAS, gesäit och vir, dass de Patron dem Aarbechter eng aner Aarbecht muss sichen,

wann en Invalid gëtt. Mä do gëtt wahrscheinlech awer keng Klausel vun zéng Joer dra gesat. Dofir ass et Nonsens fir hei zéng Joer ze hunn a bei deem neie Gesetz net.

Fir déi Ongeraimtheet aus dem Wee ze schafen, proposéieren ech déi Klausel vun zéng Joer hei falen ze loossen.

M. le Président.- Mir stëmmen elo of iwwert den Amendement 3.

Vote

Déi fir den Amendement si stëmme mat Jo, déi aner mat Neen oder enthale sech.

Den Amendement 3 ass mat 45 Stëmme géint 8 a 5 Abstentionen verworf an den Artikel 1 ass ugeholl, esou wéi e vun der Kommissioun proposéiert gouf.

Ont voté oui: MM. Jean Colombero, Gast Gibéryen, Fernand Greisen, Jacques-Yves Henckes, Aly Jaerling, Jean-Pierre Koepp (par M. Aly Jaerling) et Robert Mehlen;

M. Aloyse Bisdorff.

Ont voté non: MM. Willy Bourg, Lucien Clement, Marcel Glesener, Jean-Marie Halsdorf, Norbert Hauptert, Ady Jung, Nico Loes, Paul-Henri Meyers, Mme Marie-Josée Meyers-Frank, M. Laurent Mosar, Mme Ferny Nicklaus-Faber, MM. Patrick Santer, Marco Schank (par M. Nico Loes), Jean Spautz, Mme Nelly Stein, MM. Nicolas Strotz, Fred Sunnen (par M. Ady Jung), Lucien Weiler et Claude Wiseler;

Mme Simone Beissel, MM. Jeannot Belling, Xavier Bettel, Niki Bettendorf, Emile Calmes, Mme Agny Durdu, MM. Gusty Graas, Paul Helminger, Alexandre Krieps, Claude Meisch, Mme Maggy Nagel, MM. Jean-Paul Rippinger, Marco Schroell, John Schummer et Théo Stendebach;

MM. Jean Asselborn, Alex Bodry, Mme Mady Delvaux-Stehres, M. Mars Di Bartolomeo, Mme Lydie Err, MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein, Jeannot Krecké, Lucien Lux, Jos Scheuer et Marc Zanussi.

Se sont abstenus: MM. François Bausch, Robert Garcia, Camille Gira, Jean Huss et Mme Renée Wagener.

Lecture du texte du projet de loi (par M. Jean Spautz) (Suite)

D'Artikelen 2, 3, 4, 29bis a 5 si gelies an ugeholl.

Mir stëmmen elo of iwwert dee virleiende Gesetzprojet.

Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel

Déi fir de Projet si stëmme mat Jo, déi aner mat Neen oder enthale sech.

De Projet de loi 4418 ass mat 33 Stëmme géint 21 a 5 Abstentionen ugeholl.

Ont voté oui: MM. Willy Bourg, Lucien Clement, Marcel Glesener, Jean-Marie Halsdorf, Norbert Hauptert, Ady Jung, Nico Loes, Paul-Henri Meyers, Mme Marie-Josée Meyers-Frank, M. Laurent Mosar, Mme Ferny Nicklaus-Faber, MM. Patrick Santer, Jean Spautz, Mme Nelly Stein, MM. Nicolas Strotz, Fred Sunnen (par M. Norbert Hauptert), Lucien Weiler et Claude Wiseler;

Mme Simone Beissel, MM. Jeannot Belling, Xavier Bettel, Niki Bettendorf, Emile Calmes, Mme Agny Durdu, MM. Gusty Graas, Paul Helminger, Alexandre Krieps, Claude Meisch, Mme Maggy Nagel, MM. Jean-Paul Rippinger, Marco Schroell, John Schummer et Théo Stendebach.

Ont voté non: MM. Jean Asselborn, Alex Bodry, Mme Mady Delvaux-Stehres, M. Mars Di Bartolomeo, Mme Lydie Err, MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein, Jeannot Krecké, Lucien Lux, Mme Lydia Mutsch (par M. Mars Di Bartolomeo), MM. Jos Scheuer, Georges Wohlfart (par M. Alex Bodry) et Marc Zanussi;

MM. Jean Colombero, Gast Gibéryen, Fernand Greisen, Jacques-Yves Henckes, Aly Jaerling, Jean-Pierre Koepp (par M. Aly Jaerling) et Robert Mehlen;

M. Aloyse Bisdorff.

Se sont abstenus: MM. François Bausch, Robert Garcia, Camille Gira, Jean Huss et Mme Renée Wagener.

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Et ass also esou decidéiert.

Motion 1

Da komme mer zum Vote vun der Motioun 1 vum Här Aloyse Bisdorff.

Vote

Wie fir déi Motioun ass, ass gebieden d'Hand an d'Luucht ze hiewen.

Wien ass dergéint?

D'Motioun 1 ass ofgeleent.

D'Mme Renée Wagener freet d'Wuert fir den Dépôt vun enger Motioun.

6. Dépôt d'une motion par Mme Renée Wagener concernant les modalités des consultations complémentaires pouvant être exécutées par les sages-femmes

Mme Renée Wagener (DÉI GRÉNG).- Här President, ech hat d'Wuert gefrot fir eng Motioun ze déposéiere par rapport zu engem Thema, deen nëmme wäitleefeg mat deem heiten ze dinn huet. Et geet och ëm eng Form